
Klautjen

Nr. 02/2025



YouTube

www.bissen.lu

PROJETEN & REALISATIOUNEN

Park "An der Bléi" 6

Cyclo Croc' Biissen 8

Grand-Rue & Place de l'immigration 10

REPORTAGEN & INTERVIEWS

14 Bis'Talk mam Biisser Fierschter Serge Reinardt

24 Café & Coiffure Raths, eng Biisser Geschicht

30 Bissen conquiert la Division Nationale !

EVENEMENTER & RÉCKBLÉCK

36 Jugendhaus "A Stenges" – Dynamesch a kreativ

40 Agility Tornadoes Bissen

42 Biissen rockt d'EuroVision fir ee gudden Zweck

50 Sponsored Run 2025 – Biisser Schoul leeft fir e gudden Zweck

54 Virowend vum Nationalfeierdag

Klautjen

Nr. 02/2025

ADMINISTRATIOUN & SERVICER

96 Nei op der Gemeng

86 Entdeckt de Weste vum Land

81 Gewënnspill "Billerrätsel"

78 Entdéckt d'Biisser Natur

www.bissen.lu

/gemeng.biissen

www.bissen.tv

/gemeng.biissen

SMS2CITIZEN

Bissen-App

Signalez-le!



Op ee Wuert

Léif Biisser,

Elo, wou Dir dës Ausgab vum Klautjen an den Hänn hutt, ass de Summer esou wäit eriwwer, a mir ginn op den Hierscht duer. An de Summerméint mécht och d'Veräinsliewen eng kleng Paus. Et wier awer net richteg ze soen, datt dann am Duerf keng Aktivitéite wieren. Wat alles lass war, kënnt Der am Klautjen noliesen.

Wéi ëmmer fannt Dir och an dëser Ausgab e ganz intressante Reportage iwwer vergaangen Zäite vu Biissen. Dës Kéier schreift de Pol Schummer iwwer de Café a Coiffeur Raths. Heirun hunn all déi, déi schonn eng Zäitchen zu Biissen wunnen, déi eng oder aner Erënnerung, sief et un de Café oder un de Salon oder un de Marcel selwer.

An dëser Ausgab fannt Dir och d'Iwwerleeungen an d'Gedanke vun eisem Fierschter, dem Serge Reinardt. Datt hien net nëmmen ee Verwalter vu Beem ass, mä datt hien de Bësch als Ganzes erlieft a souzesoen de Bësch lieft, liest een aus sengem Reportage eraus.

Natierlech ass et och wichteg, datt Der gewuer gitt, wat an der Gemeng leeft a wou eis Projeten dru sinn. An datt eis Gemeng sech bestänneg weiderentwéckelt a méi "grouss" gëtt, gesäit een och drun, datt ëmmer nei Leit gebraucht ginn, fir dat alles ze geréieren. Dofir eis Rubrik: nei Gesiichter op der Gemeng.

An der Gewëssheet, datt eis Gemeng net stoe bleift an an der Hoffnung, datt Dir och an den nächste Méint flott Aktivitéiten an eiser Gemeng erlieft, wënschen ech lech eng gutt Lektür.

David Viaggi, Roger Saurfeld & Cindy Barros Dinis

Maintenant, où vous tenez en main la nouvelle édition du Klautjen, l'été est au point de dire ses adieux et les mois d'automne approchent. Pendant les mois d'été, la vie des associations et clubs fait une petite pause. Néanmoins, on ne saurait dire qu'alors il n'y a aucune activité dans notre village. Vous pourrez passer en revue toutes ces activités des mois passés dans le Klautjen.

De façon déjà habituelle, vous trouverez aussi dans cette édition un reportage très intéressant de Bissen dans le temps. Cette fois-ci Pol Schummer écrit sur le café et salon de coiffure Raths. Tous ceux, qui habitent depuis un certain temps dans notre commune, peuvent énoncer un ou l'autre souvenir soit du café soit du salon de coiffure soit de l'homme qui incarnait tout cela, Marcel Raths.

Dans cette édition vous pourrez lire les réflections et les pensées de notre garde forestier, Serge Reinardt. En lisant ses écrits, vous pourrez constater que lui, il n'est pas seulement un administrateur d'arbres, mais qu'il vit la forêt dans sa complexité. On peut même dire qu'il vit vraiment la forêt.

Naturellement, il importe aussi que vous soyez au courant des projets de la commune. Que notre commune est en plein développement, se laisse voir au fait que l'on a toujours besoin de plus de personnes pour la gérer. En résulte notre rubrique: nouveaux visages à la commune.

Dans la certitude que notre commune ne stagne pas et dans l'espérance que vous vivrez ici des activités intéressantes dans les mois prochains, je vous souhaite une bonne lecture.

Projeten & Realisatiounen

Park "An der Bléi" – Dir konnt matschwätzen!



D'Biisser Bierger haten d'Méiglechkeet mat ze schwätzen. Wéi soll den neie Park "An der Bléi" ausgesinn? Wat soll dran opgeriicht ginn? Wat feelt nach am Duerf?

Vill Leit sinn dësem Ruff nokomm an hunn hir Iddie matgedeelt. Et ware ganz interessant a konstruktiv Gespréicher tëscht de vertruedene Schäffen, Conseilleren, Mataarbechter vun der Gemeng an de Matbierger entstanen. D'Gemeng Biissen seet dofir jidderengem Merci deen aktiv un dësem Projet matgeschafft huet an eppes zum gemeinsamen Duerfliewe bäigedroen huet.

Les habitants de Bissen ont eu la possibilité de participer et de donner leur avis. Comment devrait être aménagé le nouveau parc « An der Bléi » ? Que devrait-on y installer ? Qu'est-ce qui manque encore au village ?

De nombreuses personnes ont répondu à cet appel et ont partagé leurs idées. Des discussions très intéressantes et constructives ont eu lieu entre les échevins, les conseillers, les employés communaux et les habitants.

La commune de Bissen remercie donc toutes celles et tous ceux qui ont participé activement à ce projet et ont contribué à la vie commune du village.

PROJETEN A REALISATIOUNEN







Cyclo Croc' Biissen – Den inklusive Bistro

Grouss Reouverture vum Cyclo Croc' zu Biissen den 1. Juli

Am Bäisi vum Familljeminister Max Hahn, dem Biisser Buergermeeschter David Viaggi, der Präsidentin vun der Fondatioun Lëtzebuerger Blannevereenegung Marianne Brosius-Kolber, dem Generaldirekter Thierry Lutgen, an der Direktesch vum Bieschbecher Atelier, Martine Brochmann, gouf bei herrlechem Wieder de Cyclo Croc' den 1.Juli nei ageweit.

En présence du Ministre de la Famille, M. Max Hahn, du bourgmestre de Bissen, M.David Viaggi, de la présidente de la Fondation "Lëtzebuerger Blannevereenegung", Mme Marianne Brosius-Kolber, du directeur général, M. Thierry Lutgen, et de la directrice du "Bieschbecher Atelier", Mme Martine Brochmann, le Cyclo Croc' a été inauguré une deuxième fois le premier juillet, et cela sous un ciel impeccable.







Wat ass de Cyclo Croc'?

De Cyclo Croc' ass eng flott Initiativ vun der Gemeng Biissen, an et ass eng Plaz, wou een, egal ob zu Fouss oder mam Vëlo, alles fënnt, wat ee fir e gemittlechen Ausfluch brauch: eng Reparatur- a Wäschstatioun fir de Vëlo, eng Opluedstatioun fir den Elektrovëlo, souwéi en Automat fir Vëlosschlaich.

Le Cyclo Croc' est une belle initiative de la commune de Bissen, et c'est un lieu, où l'on trouve tout pour une excursion agréable, peu importe si on est à pied ou à vélo: on y trouve une station de réparation et de lavage pour le vélo, une station de chargement pour le E-bike et un automate si on a une panne de tuyau.

Adress & Kontakt

17a rue Michel Stoffel, L-7793 Bissen

Tel: 27 69 82 04

www.cyclocroc.lu

Ëffnungszäiten / Heures d'ouverture

Mëttwoch bis Freideg vun 11:00 bis 17:30 Auer
Mercredi à vendredi de 11:00 à 17:30 heures







Inklusive Bistro vum Bieschbecher Atelier

Dat Ganzt gëtt ofgeronnt vum inklusive Bistro, dee vum Bieschbecher Atelier, den „Atelier d'inclusion professionnelle" vun der Lëtzebuerger Blannevereenegung vu Rolleng, bedriwwe gëtt. Hei ka jidderee laanschtkommen a sech mat Frënn a Bekannten dobannen oder op der Terrass fir e gudde Maufel treffen.

Hei schaffen, ënnert anerem, Leit mat enger Séibeeinträchtegung - an dofir kënne si net ëmmer alles gesinn. Dir wäert awer mierken, dass si dat alles gutt kompenséieren, duerch Training, Fläiss a Freed un der Aarbecht. Dësen inklusiven, participativen an aktive Projet erlaabt et Mënsche mat enger Beeinträchtegung, hir professionell an och hir sozial Kompetenzen ënner Beweis ze stellen an um aktiven, inklusive Beruffsliewen, souwéi an der Gesellschaft deelzehuelen.

L'ensemble est complété par le bistrot inclusif, géré par l'Atelier de Berschbach, « l'Atelier d'inclusion professionnelle » de l'Association Luxembourgeoise des Aveugles de Rollingen. Ici, tout le monde peut venir passer un moment convivial avec ses amis ou ses proches, à l'intérieur ou sur la terrasse, autour d'un bon petit plat.

Ici, parmi les employés, travaillent notamment des personnes atteintes d'une déficience visuelle – ce qui signifie qu'elles ne peuvent pas toujours tout voir. Toutefois, il est évident qu'elles compensent parfaitement ces difficultés grâce à une formation adaptée, à leur engagement et au plaisir qu'elles prennent dans leur travail. Ce projet inclusif, participatif et actif permet à des personnes en situation de handicap de démontrer leurs compétences professionnelles et sociales, et de participer activement à la vie professionnelle inclusive ainsi qu'à la société en général.

Wat steet op der Kaart?

Op der Kaart, déi reegelméisseg wiesselt, stinn ëmmer saisonal Produiten. Nieft enger grousser Auswiel u Gedrénks, zaubert eise Kichechef mat senger motivéierter Equipe lecker Menüen, dorënner Quichen, Club-Sandwichen, Plate mat Éisleker Ham, Paschtéitchen an enger Auswiel un Zaloten. Och méi Séisses steet um Programm, ënnert anerem frësch Taarten, hausmaacher Kuchen, waarm Paangecher, Glacen oder soss alles, wat een esou brauch fir sech eng Freed ze maachen!

A la carte, qui varie régulièrement, vous trouverez des produits saisonniers. A côté d'un grand choix en boissons, le chef de cuisine et son équipe vous proposent des quiches, des sandwiches, des plats de jambon, des bouchées à la reine et un choix de salades. Naturellement, les desserts, comme la tarte, le gâteau, les crêpes, les glaces, ne font pas défaut. Tout pour se faire une petite joie.

Wou a wéini ?

Am alen, ganz renovéierten, Wäerterhaischen, direkt un der Vëlospiste Richtung Colmar-Bierg geleeën, ass de Cyclo Croc' vu mëttwochs bis samschdes, vun 11:00 bis 17:30 Auer déi ideal Plaz fir eng kleng Stäerkung…ob nom Wanderen, engem flotten Tour mam Vëlo, oder an der Mëttespaus.

Le Cyclo Croc' se trouve dans l'ancienne maison de garde, sur la piste à vélo direction Colmar-Berg. Il est ouvert du mercredi au samedi, et cela de 11 à 17.30 heures. Une place idéale pour se donner un petit réconfort après la promenade à pied ou à vélo, ou pour passer la pause de midi

Fotoen: Bieschbecher Atelier, Jerry Klein

Projet de réaménagement Grand-Rue & Place de l'immigration



Phase 1: Renouvellement des réseaux secs et humides

Dans le cadre de la modernisation du village, nous avons le plaisir de vous présenter le projet de réaménagement du centre-ville. Au cours de la première phase de ce projet, qui débutera le 22 septembre 2025, les réseaux secs et humides de la Grand-Rue seront renouvelés. Pendant cette période, la Grand-Rue (CR306) sera fermée à partir de la maison 14 (Raths) jusqu'à l'intersection avec la Route de Colmar (N22), pour une durée prévue de 6 mois.

Ces travaux marquent le début du réaménagement du centre-ville, qui comprend des travaux sur la route de Colmar et la Rue de la Chapelle, la construction d'une nouvelle mairie et d'une brasserie, ainsi que la modernisation du centre du village.

Informations importantes:

***Commerces :** Tous les commerces resteront ouverts et accessibles pendant la durée entière des travaux. La circulation sera déviée par N7C et N22 – veuillez suivre les panneaux routiers.*

***Transport scolaire :** Changement des lignes, cependant tous les arrêts seront desservis. Pour plus d'informations, consultez les codes QR.*

***Accès Parking :** L'accès est garanti aux parkings : Épicerie, Wonerbatti / Frounert, Raths & Ancienne Post.*

***Accès piétons :** L'accès est garanti de tous les côtés.*

Phase 1: Erneierung vun den dréchenen a naasse Reseauen

Am Kader vun der Moderniséierung vum Duerfzentrum gëtt de Projet vum Reamenagement vum Duerfzentrum virgestallt. Wärend der éischter Phase, déi den 22. September 2025 ufänkt, ginn déi dréchen an naass Reseauen an der Grand-Rue erneiert. Wärend dëser Zäit bleift d'Grand-Rue (CR306) vum Haus 14 "Raths" bis zur Kräizung mat der Route de Colmar (N22) fir eng viraussiichtlech Dauer vu 6 Méint zou.

Dës Aarbechte sinn den Ufank vum Reamenagement vum Duerfzentrum, wat och d'Aarbechte fir d'Route de Colmar an d'Rue de la Chapelle, de Bau vun enger neier Gemeng, enger Brasserie, an d'Moderniséierung vum Duerfkär betrëfft.

Wichteg Informatiounen

Geschäfter: All d'Geschäfter bleiwen op an accessibel wärend der ganzer Dauer vun den Aarbechten. Den Trafic gëtt iwwert den N7C an N22 ëmgeleet – w.e.g. befollegt d'Verkéiersschëlder.


Schoultransport: D'Linne wiesselen, mee all Arrêt gëtt ugefuer. Fir detailléiert Informatioune scannt dQR-Coden.

Parking: Zougang zu de Parkingen: Epicerie, Wonerbatti / Frounert, Raths & Al Post ass garantéiert.

Foussgänger: Zougang ass vun alle Säite garantéiert.



PROJETEN A REALISATIOUNEN



Route barrée
Accès piétons possible
Route barrée à la circulation
Accès parkings

1 *Pompjeebau CGDIS*
2 *CIS Bissen*
3 *Cabinet de Kinésithérapie*
4 *Épicerie*
5 *Maison des Jeunes*
6 *Centre Wonerbatti*
7 *Hal Frounert*

Lignes de bus

Actualités





Reportagen & Interviews

WWW.BISSEN.TV







Bis'Talk mam Biisser Fierschter Serge Reinardt

Kanns de dech kuerz virstellen?

Mäin Numm ass Serge Reinardt. Ech sinn 1965 gebuer, an am Minett , fir genee ze sinn zu Keel, opgewuess. Ech si Papp vun 2 Kanner. Ech hat mäi Liewe laang Spaass u Sport, Musek a Philosophie. War a mengem éischte Liewen techneschen Zeechner, bis ech du viru bal 40 Joer meng Karriär als Fierschter ugefaangen hunn. Meng berufflech Statiounen als Fierschter waren: Bambësch, Tandel, Luerenzweiler/Lëntgen, Sëll/ Biekerech an elo 15 Joer schonn zu Biissen.

Wéi bass du zu deem Beruff vum Fierschter komm? Ëmmer gewollt oder éischter per Zoufall?

Éierlech gesot war et puren Zoufall. Ech hunn als Kand immens vill am Bësch gespillt, mir hu Baache gestaut, Bude gebaut, Feier gemaach, spéider hu mir Vëloe mat Motosstécker ëmgebaut, (Mountainbikë sinn et nach keng ginn), a si kräiz a quier duerch d'Botanik gefuer. Spéider als Jugendlech hu mir oft eis Owender ronderëm d'Feier bei enger Këscht Béier am Bësch verbruecht. De Bësch war mäin Doheem, do wou ech mech wuelgefillt hunn. Et war natierlech an normal, ouni grouss Iddi hannendrun.

Meng Eltere ware schaffend Leit, meng Mamm huet op der Eisebunn geschafft a mäi Papp um Kran op der Arbed. Ech sinn elo net onbedéngt mat engem grénge Kalzong op d'Welt komm. Et ass kee vu menger Famill op d'Juegd gaangen oder hat Bëscher. Allerdéngs war mäi Bop, vu menger Mamm hirer Säit, e klenge Bauer a Saadler, a vu mengem Papp senger Säit war de Bop Schräiner … villäicht waren do e puer Beréierungspunkten zum Theema.

Dat ee ka Fierschter ginn, hunn ech déi éischte Kéier eigentlech eréischt an der Arméi héieren. Wéi gesot, war ech ëmmer sportbegeeschtert an eng aner Passioun vu mir war liesen. Ech hunn déi Zäit Krimien a Psychothrillere verschlongen, a mäi groussen Dram war eigentlech am Ufank, Kommissär oder "Detektiv" ze ginn. Mech huet dat ëmmer faszinéiert, fir eng gutt Saach anzestoen a komplex Fäll ze léisen.

An der Arméi ukomm, déi Zäit ass alles nach doriwwer gelaf, hunn ech schnell gemierkt, dass meng Iwwerleeungen zimmlech naiv waren, an datt den enke Kader an d'Hierarchie an enger Force Publique näischt fir mech wieren. Ech war éischter e Fräigeescht.

Just zu der Zäit ass een Examen ausgeschriwwe ginn, fir Fierschter ze ginn. Si hunn esouwuel an der Arméi wéi och bausse rekrutéiert. Wann ech mech gutt erënnere kann, ware mir zu iwwer 70 Kandidaten an dem Concours. Si hunn der 5 geholl, an ech war derbäi.

Kuckt hei den Interview

Wéi gesäit déi deeglech Aarbecht vum Biisser Fierschter aus?

An enger abstrakter Form kann een et mat engem Hotelsmanager vergläichen. Am Résumé vill maachen ouni gesinn ze ginn. Et as net méi ewéi fréier, dass een de Bësch zouspäert an da schafft.

D'Leit kréie vill méi mat, si si vill méi sensibiliséiert a kritesch ginn, wat engersäits net schlecht ass, anerersäits ass et fir eis net ëmmer einfach, Zesummenhäng vun eisen Demarchen ze erklären. Mir denken a Joerzéngten.

D'Aarbechte sinn allgemeng méi komplex ginn, tëschent nohalteger Bewirtschaftung, Bereetstellung vun Holz, Polizeifunktioun, Naturschutzaufgaben, d'Erhuelfunktioun vum Bësch sécheren, d'Gemeng, d'Bierger, d'Baueren, Bëschbesëtzer oder aner Organisme beroden.

Konkret gesäit meng Aarbecht esou aus, dass mir 10 Jorespläng hunn; an deem Kader proposéieren ech Jorespläng, déi da vum Gemengerot ofgeseent ginn an déi mir da mat eisen Equippen am Bësch ëmsetzen. Mäin Dagesoflaf ass ni 't selwecht. Mäi Moie fänkt gemengerhand mat Büro un, dozou gehéiert Avisen iwwer Aktivitéiten, Konstruktiounen an Aarbechten an der Zone verte huelen. Déi lescht Joere war vill ze dinn mam Ëmbau vum Rouscht a ronderëm.

Et geet eis och net anescht wéi an anere Beruffer, mir hunn och ëmmer méi Statistiken, Informatiounen a soss Pabeierkrom ze liwweren. Zum Bürosalldag gehéieren och ganz normal Saachen derzou, wéi z.B. Paie maachen, Budget, Rechnunge kontrolléieren an zertifiéieren, Holzlëschte maachen a fir de Verkaf preparéieren. Ech verbréngen och relativ vill Zäit um Telefon, an neierdéngs um Chat…

Niewent dem Büro, dee 60-70 % vu menger Aarbechtszäit anhëlt, hunn ech dann eng Partie Theemen dobaussen ofzedecken. Dat geet vu mengen Equippen um Terrain ze geréieren, Reunioune mat aneren Interlocuteuren, an dann all déi praktesch Aarbechten am Bësch, wéi ënnert anerem: Beem markéieren, déi kënne gehae ginn, Kontroll vun den Infrastrukturen, Kulturen iwwerwaachen, Agréffer plangen, a Kommunikatioun.

Bestëmmt ginn et jo Aarbechten, déi spezifesch fir eng Saison sinn. Kanns de eis do puer Erklärunge ginn?

Dat ass séier erkläert. Lafbeem gi just gehaen, wa keng Blieder méi dru sinn, also vun November bis maximal Enn Mäerz. Nolebeem schaffe mir meeschtens am fréie Fréijoer oder am Hierscht op. Am Moment z.B. si mir amgaangen eis Plantatiounen ze méien, dat heescht mir maachen déi kleng Planze fräi vum héije Gras oder soss Konkurrenten, datt si eng Chance hunn ze wuessen.


Wann d'Leit am Fréijoer erëm méi an d'Bëscher kommen, suerge mir derfir, datt all d'Weeër an der Rei sinn. Déi ginn och 1-3mol iwwert d'Joer geméit, soss wuesse se zou. Mir sinn als Equipe och zoustänneg, d'Zeremonien um Bëschkierfecht virzebereeden an ze begleeden, dat maache mir och iwwert dat ganzt Joer.

Biotopfleeg maache mir eigentlech och ausserhalb der Vegetatiounsperiod. (Hecken, Bëschränner, Orchideeëwisen, Weieren, Baachen) Dozou kommen ëmmer emol Imprevuen, Beem, déi op Weeër oder Nopeschparzellen ëmfalen, accidentéiert Wëld oprafen, asw.

Mir schaffen och enk mat der Gemeng an hiren Servicer zesummen, dat heescht iwwerall do, wou eise Know-how gefrot ass, oder Holz gebraucht gëtt, pake mir gären eng Hand mat un. Dat geet vu bis. Sief et, datt d' Maison relais eppes huet, d'Schoul Material brauch, Manifestatiounen (z. B de Chrëschtmaart).







Huet déi Aarbecht vum Fierschter sech an deene Joeren, wou s du däi Beruff ausüübs, vill verännert?

Jo, onbedéngt. Wéi ech ugefaangen hunn, war et virun allem Bewirtschaftung vun eise Bëscher a Kulturen uplanzen. Notze vum Holz stoung am Fokus, woubäi ganz am Ufank, wéi ech an der Verantwortung stoung, goung et emol virun allem drëm, déi Stierm vun 1990 ze verschaffen.

Ech weess nach wéi wann et gëschter gewiescht wier, mäin éischten offizielle Schaffdag war am Bambësch, den 01. Mäerz 1990. Den Dag virdrun huet den éischte grousse Stuerm (Wiebke) ugefaangen, den Dag selwer koum dunn nach eng Kéier en décke Batz no. Et sinn alles an allem 5.500 Hektar Bësch ëmgefall, ongeféier 1,4 Milliioune m3 Holz loungen um Buedem – dat huet méi oder wéineger engem Drëttel vun der lëtzebuergescher Landesfläch entsprach.

Iwwregens war dat zu Biissen deemools hei zimmlech genau dat nämmlecht Verhältnes, tëschent 170 an 180 ha waren déi Zäit hei ëmgefall.

Déi éischt puer Joer hat mäi Beruff wéineg mat Waldbau a groussen Iddien ze dinn. Et hat éischter mat Logistik an Organisatioun ze dinn. Honnerte Kilometer u Weeër a Stroossen hu misse fräi gemaach ginn, Beem opgeschafft ginn, Fläche geraumt ginn, an duerno alles erëm uplanzen, Ausfäll ausplanzen a méien.





E puer Joer méi spéit eréischt hu mir dunn erëm ugefaangen, Holz an de Bestänn ze notzen an ze kucken, wéi et forstwirtschaftlech soll viru goen. Den Naturschutz ass ëmmer méi wichteg ginn. Am Laf vun der Zäit si Gesetzer och ëmmer méi komplex, an och méi theoretesch ginn. Heiansdo ass de Mënscheverstand zimmlech strapazéiert ginn, a mir huet perséinlech méi wéi eng Kéier d'Verhältnesméissegkeet gefeelt.

Wat wierklech vill geännert huet, ass den "Social media", den Debat gëtt ganz anescht gefouert, heiansdo immens emotional an eesäiteg an et bleift wéineg Zäit fir ee fondéierten Echange. Wann een emol mattendran an esou engem Shitstorm ass, ass dat net ëmmer schéin. Oft ass eng sachlech Ausernanersetzung an e Perspektivewiessel net dran. Och hei feelt et heiansdo u Verhältnesméissegkeet. Mä bon, dat sinn Zeeche vun der Zäit, mir geet et net eleng esou, oft vergeet de Stuerm och erëm esou séier wéi e komm ass.

Bëscher sti jo speziell fir Rou, Ofschalten, a sollen dem Mënsch säi Gläichgewiicht erëmginn. Wéi eng Relatioun hues du zum Bësch a wéi ass eng philosophesch Approche zum Bësch?

Dat sinn eigentlech geschichtlech gesinn, relativ nei Iwwerleeungen an Usprécher un de Bësch. An der fréier Neizäit war de Bësch virun allem wëll a geféierlech, an haaptsächlech wirtschaftlech wichteg. Kuckt lech d'Literatur an d'Märercher aus der Zäit un, et ass ëmmer iergendwéi ëm d'Bedroung vum Bësch a senge Bewunner gaangen. Doniewend war wirtschaftlech gesinn d'Holz e wichtege Fakteur. Op ville Plaze si Schwäin, Schof, Geessen oder d'Kéi dagsiwer an de Bësch gesat gi fir sech sat ze friessen. Net zulescht hat d'Juegd e wichtege Stellewäert, sief et an den Adelshaiser oder bei deene klenge Leit a Baueren.


Dat Bild, wat mir haut vum Bësch hunn, huet eigentlech eréischt Enn 18. ufanks 19. Joerhonnert, mat der Sensibilitéit vun der Fréiromantik, ugefaangen. De Bësch ass beemol als Géigenentworf zu den industrialiséierte Stied als Réckzugsuert gesi ginn. Méi spéit koumen dann Dichter a Moler (am däitschsproochege Raum ënnert anerem de Casper David Friedrich) derzou, déi de Bësch als een Uert vu Poesie, der séilescher Heemecht, der mystescher Erfarung a voller Geheimnisser duergestallt hunn. Vun do un hält dës Iddi an der Literatur, Konscht an am Naturverständnis bis haut weider un.

Funfact, dat éischt wichtegt Bëschnaturschutzgebitt ass net klasséiert ginn, well Ökologen dat esou wollten, mee et waren d'Kënschtler, déi aus Paräis eraus op Fontainebleau erausgefuer si fir de Bësch oder d'Beem ze molen.

Ech denken, wat haut immens wichteg ginn ass, ass, dass de Bësch an enger dach immens schnellliweger Zäit, säi Rhythmus behält. Alles brauch seng Zäit an et léisst sech keng Saison oder Phase iwwersprangen. Déi kleng Beem wuessen net méi séier, wann een drunn zitt.

De Bësch léiert eis d'Komplexitéit vum Zesummeliewen, alles huet säi Wäert a seng Wichtegkeet. Huele mir z.B d'Mykorrhiza an d'Buedemdéieren. Wann Dir duerch de Bësch spadséiere gitt, da gesitt Dir just d'Hallschent vum Bësch, Dir trëppelt iwwert de Buedem, e Buedem, dee Millioune vu Mikroorganismen enthält. Bakterien, Pilze, Wirbellose, alleguerte präparéiere si den Ënnergrond, datt iwwerhaapt Beem drop kënne liewen. An enger Handvoll Bëschbuedem liewe méi Liewewiese wéi Mënschen op der Äerd.

Wat mech meng ganz Karriär geprägt huet, dat ass déi laang Zäitraim mat deenen ee léiert denken, wann ee mat Bëscher ze dinn huet. 25 Joer ass näischt – da stinn e puer Staangen do. Dir musst iech virstellen, datt bei eis am Bësch Eeche stinn, déi iwwer 200 Joer al sinn. Déi hu scho vill Leit kommen a goe gesinn. Dat setzt ëmmer erëm eis Existenz an de Kontext, eis eelste Beem sinn esou al wéi dem Beethoven seng 9. Symphonie – oder d'Enn vum Napoleonesche Krich an de Wiener Kongress.



Wat sees du speziell zu de Biisser Bëscher?

D'Bëscher an och d'Landschaft ronderëm Biissen hu mech eigentlech vun Ufank un immens faszinéiert. Et as eng komplex an éierlech Landschaft.

Et ass keen Naturschutzgebitt, et ass net nëmme Landwirtschaft, Industrie, oder Déngschtleeschtung. Et ass och net nëmmen e Wunngebitt oder eng Schlofgemeng, et ass e Mosaik vun allem. Dir gesitt vun all Eck vum Duerf Plazen, wou geschafft oder gewunnt gëtt oder flott Ecker, wou ee sech kann erhuelen.

Dat mécht de Charme vu Biissen an och senge Leit aus, et ass ëmmer hei geschafft ginn, munchmol méi graff, munchmol méi subtil, an dat huet och d'Landschaft an d'Bëscher ronderëm Biissen geprääagt.

De Biisser Bësch ass einfach mat de villen Aktivitéiten, déi iwwer Joerhonnerte mat a ronderëm d'Holz an dem Bësch gelaf sinn, nach haut e liewegen Zäitzeien.

D'"Biisser Schmelz" gehéiert zu enge vun deenen eelste Schmelzen (1631) am Land. Duerno ass dorauser d'Neelfabrick (1887) ginn. Dat waren alles Aktivitéiten, di immens vill Energie gebraucht hunn. An déi koum haaptsächlech aus de Bëscher ronderëm Biissen.

D'Bëscher hu bis 1883 zum groussen Deel der Famill Lancelotti gehéiert, déi déi dann och exploitéiert huet. Niewent der Holzkuel, déi gemaach ginn ass, huet déi Famill och mat Eisebunnsschwelle gehandelt an hat eng Seeërei, déi mat Dampmaschinne gelaf ass. Derniewent hu si och Holzesseg produzéiert – ee vun den éischte Rohstoffer fir déi cheemesch Industrie. Holzesseg ass en Nieweprodukt vum Holzteer, mat deem ënnert anerem och Bakelit produzéiert ginn ass, deen an den Haushaltsapparater oder elektreschen Installatiounen a Schaltere Verwendung fonnt huet.

Duerno sinn déi meescht Bëscher un d'Famill Blochhausen iwwergaang. Esou hu si z.b 1883 iwwer 326 ha vun de Biisser Bëscher kaaft, an duerno ass dat gehaent Holz op der Plaz ageschnidde ginn.

Mir haten och Enn 18. Joerhonnert hei zu Biissen eng fir déi Verhältnisser grouss Giewerei, wou bis zu 400 Hait vu Kéi a Kaalwer gegierft si ginn. Déi Lou, déi dofir gebraucht ginn ass, ass och hei zu Biissen zum Deel produzéiert ginn. Och dat gesäit een nach haut gutt am Bësch.

E groussen Deel, den haut Deel vum Biisser Bësch ass, z.B, ronderëm d'Biisser Weieren, ass eréischt géint Ufank 20. Joerhonnert Bësch ginn. Virdru war dat eng landwirtschaftlech Fläch, déi dunn eréischt ugeplanzt ginn ass. D'Uertsnimm "beim Gaard" oder "iwëscht an ennëscht Wiss" fannt Dir nach haut op de Kaarten. Bis dohin hunn och nach Leit um Helmescherhaff gelieft.

Déi intensiv Bewirtschaftung war ëmmer ee Bestanddeel vun den Iwwerleeungen an der Gestioun vun de Biisser Bëscher. Et ass dofir och net vun ongeféier, dass iwwer d'Hallschent vun dem Bësch mat Fichten an Douglasen ugeplanzt gi sinn.

Zum Deel sinn esouguer an där Zäit Lafbëscher kalgeschloe gi fir Fichten unzeplanzen. An dem Narrativ an Zäitgeescht vun deemools sécherlech eng Entscheedung, déi novollzéibar ass. No haitege Gesichtspunkten an dem Stand vun der aktueller Fuerschung ass dëst allerdéngs net méi déi optimaalste Léisung.

Mir sinn am grousse Stil amgaangen, lues a lues déi ofgängeg Bëscher erëm méi naturno a resilient ëmzebauen. Och wann Nolenhëlzer am Moment vill leiden, heescht dat net, dass do spéider keng Ficht oder Douglas méi ze fanne wäerte sinn. An engem gesonden, nohaltegen an ofwiesslungsräiche Bësch fannen och si Plaz, virausgesat d'Klima spillt mat.

D'Situatioun haut, mat deene vergaangenen dréchene Joren, stellt eis ëmmer erëm virun Erausfuerderungen a suergt dofir, dass mir kreativ a wakreg bleiwen.





Hei zu Biissen gëtt et jo och ee Bëschkierfecht, wou s du jo och emol d'Zeremonie vum Äddisoen häls. Firwat mengs du, datt awer ëmmer méi Leit wëllen am Bësch begruewe ginn? Wéi bereets du dech op sou eng Zeremonie vir? Wat bedeit dat fir d'Famill, wann ee vun hire Léifsten am Bësch begruewen ass?

Ech weess net, ob et der ëmmer méi ginn, mä déi Form vu Begriefnes huet definitiv seng Plaz an der Bestattungskultur fonnt. International Ëmfroen hunn erausfonnt, dass bis zu 35% vun de Leit sech géifen am léifsten am Bësch bäisetze loossen. Esou wäit si mir awer nach net. Den éischte Bëschkierfecht ass zu Lëtzebuerg zu Rued-Sir 2010 ageweit ginn. Zu Biissen si mir säit 2017 operationell. Mëttlerweil hu schonn iwwer 200 Leit hir lescht Rou hei fonnt.

Wat de Leit gefält, ass, datt se d'Zeremonie no hire Bedürfnisser gestalte kënnen. Ob et elo e Begriefnes no der chrëschtlecher Léier ass, oder eng konfessiounsfräi Zeremonie soll sinn, jidderee fënnt sech hei erëm.

Et ass ëmmer erëm immens beréierend, wéi Mënsche Mënsche gedenken. Jiddereen op seng Manéier, déi och ëmmer iergendwéi zum Liewe vun dem Verstuerwene passt.

Ech denken, dass de Bësch duerch seng Rou, d'Erliewe vu Joreszäiten, Laangliewegkeet an dem natierleche Rhythmus, deen e virgëtt, e gewëssenen Trouscht ausstraalt. Et kënnt engem villäicht vir, wéi wann een an eppes Grousses agebett wier.

Déi sëllege verschidden Zorte Beem, a verschiddene Gréissten an Déckten, Straicher, d'Grieser an d'Kraider stralen een Zesummeliewen, ee Kollektiv aus, deen iergendwéi funktionéiert. Et heescht net ëmsoss Bëschgesellschaft. Et ass och net vun ongefëier, dass déi wichtegst reliéis Fester sech staark um Laf vun der Sonn an der Natur orientéieren. No all Hierscht kënnt e Fréijoer, an och an dem déifste Wanter wësse mir, datt et iergendwann erëm eng Kéier Summer gëtt.

Och ass de Gank bei de Verstuerwenen eventuell méi natierlech, méi liicht; et trëppelt een e bëssen duech de Bësch bis dohin.

Heiansdo ass et naass, heiansdo ass et waarm oder et erfreet ee sech um Schiet, et ass ee sënnlecht Erliewe vum Moment. Eventuell äerd dat een a bitt Trouscht.

Een angeneemen Nieweneffekt ass eventuell och, dass de Bësch sech ëm d'Griewer këmmert, et kann ee lassloossen an et brauch een eigentlech sech em näischt méi ze këmmeren, wéi just ëm seng Souveniren an d'Gedenken dorun.



Ech maachen haut net méi selwer esou vill Zeremonien. Am Ufank hunn ech se all gemaach, iwwer 140 Stéck. Et huet mech ëmmer erëm matgeholl, ech hunn och ëmmer relativ laang gebraucht, fir mech virzebereeden. Kontakt mat der Famill, Recherchen am Curriculum, Ried schreiwen, heiansdo huet dat mech iwwer 3-4 Deeg beschäftegt. Et war an ass fir mech esou e wichtege Moment, dass ech all eenzel Zeremonie esou gutt wéi méiglech wollt maachen.

Heiansdo hunn ech duerno ebeemol de Verstuerwenen nei oder iwwerhaapt besser kenne geléiert, an hat eng Iddi vu sengem Liewen. Dat war immens beräichernd an awer och fuerdernd. Net ëmmer ass et mir gelongen, déi Trauer vum Moment ofzesträifen an net mat heemzehuelen. Dat Ganzt ass mir e bëssen iwwer de Kapp gewuess an ech hunn e Moment misse méi lues maachen. Ech maachen haut vill manner Zeremonien, just nach fir Leit, déi mir no stinn oder op speziell Demande.

Mir als Equipe organiséieren awer nach ëmmer alles ronderëm. Vun der Präparatioun vum Bam, an dem Lach fir d'Bäisetzung, Zeremonieplaz, Sonorisatioun, Parking organiséieren, Reegele vum Verkéier, wa vill Leit kommen. Och den Ënnerhalt iwwer d'ganzt Joer, d'Méien an d'Ewechraume vun diere Blummen a futtissen Dekoratiounen, wat Leit awer ëmmer erëm matbréngen, do këmmere mir eis drëm. Vun dësem Joer un ass eis Equipe vergréissert, an 2 Leit vun de Gemengenaarbechter, mat Erfarung an deem Beräich, verstäerken eis.





Wat sinn déi gréissten Erausfuerderungen, déi s du als Fierschter aktuell bei der Gestioun vum Bësch gesäis, zum Beispill wéinst Klimawandel oder Schädlingen?

Ech mengen, ech si virdru schonn op déi weesentlech Punkten agaangen. Déi gréissten Erausfuerderung ass eigentlech, deenen politesche Verantwortlechen an iwwerhaapt de Leit dobaussen, ze erklären, wou et laangfristeg soll higoen. Et ass oft komplex a schwiereg an esou laangen Zäitraim ze denken. Mir sinn dat net gewinnt. Mir hu scho virun 12 Joer ugefaangen, de Bësch ëmzebauen, et gesäit een éischt kleng Schrëtt, mee et bleift ëmmer nach zimmlech abstrakt.

Ech muss soen, dass ech hei zu Biissen immens Chance hat mat de Gemengen- a Schäfferéit, fir déi ech bis elo geschafft hunn. Ech genéissen hiert vollst Vertrauen an dat ass e gutt Gefill. Mir hu scho vill zesummen erreecht. An dat op ville Pläng. Den Ëmbau vum Bësch ass villäicht fir ee Laien net esou spektakulär an direkt ze erkennen, mee et ass eng wichteg Investitioun an d'Zukunft. Ech denken, d'Leit, déi Erhuelung sichen, fille sech och wuel bei eis. D'Bëscher an d'Parkinge sinn ëmmer voll, an et komme Leit aus der ganzer Ëmgéigend.

Allgemeng ass ze soen, dass déi dréche Joere vun 2018 un, eis immens gefuerdert hunn. Esou eppes hunn ech a menger ganzer Karriär nach net erlieft. Et gouf ëmmer emol dréche Joeren, awer net esou vill hannert eneen. Déi lescht 2 Joer ass et erëm e bësse besser gaangen, emol kucken, wéi de Bësch drop reagéiert.

Fir mech perséinlech ass dat schwieregst, Gedold ze behalen an demüteg ze bleiwen. An der Lescht hunn ech d'Gefill, d'Zäit géif mir fortlafen.

Esou z.B ënnerhale mir jonk Bëschplanzen iwwer Joeren an da verdréchene se erëm, oder d'Mais oder Hirsche sinn derhannert. Et ass heiansdo eng Sisyphusaarbecht.

Wéi eng Roll spillen d'Kanner a Jugendlecher fir d'Zukunft vum Bësch? Gëss du och Formatiounen oder organiséiert Aktivitéiten mat Schoulen?

Ech hunn op menge virechte Revéiere vill an deem Beräich gemaach. Déi éischt gréisser Manifestatioun iwwer Waldpädagogik zu Lëtzebuerg hat ech viru 25 Joer organiséiert. Do waren iwwer 120 Leit, Fierschteren, Enseignanten a soss Interesséierter. Vun do si vill interessant a wäertvoll Initiativen entstanen. Esou hu mir z.b. zu Luerenzweiler d'Initiativ "Natur erliewen an der Schoul" gegrënnt, wou vill flott Projeten draus entstane sinn. Dee bekanntsten ass warscheinlech dat "Neolithescht Langhaus", wat mir iwwer 8 Méint mat 1500 Kanner zesumme gebaut hunn.

Wéi ech zu Biissen ugefaangen hunn, du waren esou vill Chantiere mateneen, dass dat op menger Prioritéitslëscht zimmlech ënne stoung. Ech muss och zouginn, dass ech mëttlerweil och e bëssen aus dem Theema erausgewuess sinn. Wann ee selwer keng kleng Kanner méi ronderëm sech huet, verléiert een e bëssen d'Uluecht.

Ech gesi mech haut méi als Multiplikator, fir d' Leit, déi fir d'Theema brennen, ze ënnerstëtzen an déi logistesch Säit ofzedecken. Ech hunn och laang Joeren an der Ausbildung vun deenen neie Fierschtere geschafft. Duerfir kennen ech déi meescht gutt, an do sinn der vill derbäi, déi maachen dat mëttlerweil vill besser wéi ech.

Op d' Fro, wat Kanner a Jugendlecher fir eng Roll fir de Bësch spillen, muss ech soen, datt ech net vill dervun halen, d'Kanner an déi Jugendlech ze vill mat komplexe Problematiken, wéi Bëschstierwen, Klimawandel etc. ze iwwerfrachten an ze belaaschten. Et ass net un de Kanner dat ze riichten, wat mir (nach) net hikritt hunn. Sensibiliséieren an Zesummenhäng duerstellen ass sécherlech e wichtegt Element vun der Erzéiung. Dat gëllt eigentlech net nëmme fir de Bësch an d'Natur.

Kanner hunn och e Recht drop, liicht an onbeschwéiert opzewuessen. Si hunn e Recht drop, ze spillen, Erfarungen a Feeler ze maachen. Heiansdo zerbrieche jonk Leit un de gesellschaftlechen an eegenen Uspréch. Dozou kënnt, dass d'Informatioun iwwer d'Internet a sozial Medien esou omnipräsent ass, datt een eventuell d'Verhältnesméissegkeet aus den Ae verléiert.

Ech mengen, et ass ganz wichteg d'Chance ze kréien, tëschent der Wierklechkeet an dem Internet ze ënnerscheeden. Zu engem Léierprozess gehéiert, dat ze begräifen an et iwwerhaapt mat alle Sënner ze erliewen. Et ass wichteg, hinnen d'Chance ze ginn, aus hirer Blos erauszekommen, a ganz einfach Saache just nëmmen ze maachen. Do muss net ëmmer de grousse pädagogeschen oder intellektuellen Usproch hannendru stoen.

Ganz einfach Saache wéi Feier maachen, am Bësch grillen, Holz maachen, Baache stauen, am Gaart sinn a schaffen a gesinn wéi Geméis wiisst, … oder eppes bauen, eppes flécken, hëllefen eis, Kompetenzen ze entwéckelen, déi wäit iwwer eng Naturerfarung erausginn.

All déi Erfarungen droe spéider derzou bäi, datt een e geliefte Repertoire huet, deen et erlaabt, sech selwer an d'Situatiounen anzeschätzen, a sech esou zu deene verschiddensten Theemen ze positionéieren.

Net zulescht ass et och wichteg, net ze vergiessen, datt mir Mënschen een Häerdendéier sinn, an ëmmer an eise Sippen iwwert Beobachtung an Imitatioun geléiert hunn.

Mir als Erwuessener hunn d'Chance virzeliewen, a wat fir enger Roll mir och ëmmer sinn. Hei läit d'Verantwortung sécherlech och bei den Elteren, awer net nëmmen, mir all kënnen do ee gutt Beispill ofginn. Deen Ëmstand an d'Wichtegkeet dovun ass a mengen Aen net ze ënnerschätzen.

Näischt ass méi schéin, wéi motivéiert, frou, gesond a liicht Mënschen, déi aus sech eraus wëlle Verantwortung iwwerhuelen. An net schonn ausgebrannt a mat Scholdgefiller iwwerlueden untrieden.

Et mécht fir mech och keen Ënnerscheed, ob déi Energie an de Wëllen am Bësch oder an der Natur sech néierschloen. Et ginn iwwerall Leit gebraucht, déi matdenken, gewëllt si Verantwortung ze iwwerhuelen an um Gestaltungsprozess vun enger Gesellschaft deelzehuelen. Sief dat am soziale Beräich, an engem grénge Beruff, am Handwierk, an der Konscht, am IT Beräich oder Fuerschung, oder wat et och ëmmer ass. D'Herausfuerderunge vun den nächsten Generatioune leien eventuell op anere Pläng, wéi 20 Bamaarte kennen.

Wann's de d'Leit eng wichteg Botschaft betreffend den Ëmgang mam Bësch kéins matginn – wat géifs de soen?

Ech gesi mech net an der Roll grouss Botschaften ofzeginn.

Ech hu wéini an der Fënster vun engem Bistro ee flotte Sproch gesinn :

"Bad decisions make good stories".

Et ass e bëssen dat, mir wëssen net ëmmer, ob mir déi richteg Decisiounen huelen. Wichteg ass dorauser ze léieren, wann eppes schif leeft, ze adaptéieren an entspaant ze bleiwen. Decisiounen a Reaktiounen, déi am Stress an am Drock geholl ginn, sinn net ëmmer déi bescht.

Ech perséinlech hu méi aus Feeler geléiert, wéi aus Saachen, déi gutt gelaf sinn. Hei huet mir oft gehollef, Situatiounen an de richtegen Zäithorizont ze setzen oder aner Perspektiven anzehuelen.

Et ass am Bësch e bësse wéi am Liewen. Et kann een net alles kontrolléieren. Wann ee méi breet opgestallt ass, huet e villäicht méi e grousse Repertoire, der Ongewëssheet ze begéinen.

Ob dat hëlleft, weess ech net, et fillt sech awer emol gutt a richteg un.





Café & Coiffure Raths, eng Biisser Geschicht

Deel 1

D'Haus Raths an den Drësseger Joren

Wann een zu Biissen op der Plaz bei der Atert steet an et kuckt een d'Groussgaass erop, da gesäit een op dem Gebai, dat den Eck mécht, den Numm RATHS. Hei war bal 90 Joer de Café an eng fofzéng Joer méi laang de Coifferssalon Raths. De Proprietär Marcel Raths war, et kann een et ouni Iwwerdreiwung soen, eng landbekannte Perséinlechkeet. Am Café an am Coifferssalon Raths huet sech wärend laange Joren e groussen Deel vum soziale Liewen zu Biissen ofgespillt.

Den Ufank vu Coiffure Raths

Ugefaangen huet d'Geschicht mam Nic Raths vun Angelsbierg. Den Nic Raths huet 1909, géint de Wëlle vu sengem Papp, eng Léier als Coiffer gemaach bei dem Coiffer Bohler zu Miersch. Den Här Bohler hat ausserhalb Miersch dräi Filialen an zwar zu Lëntgen, Gousseldeng a Biissen. Vun 1910 un, ass den Nic Raths eemol d'Woch mam Vëlo a jiddereng vun deenen dräi Filiale gefuer an huet do vun 19.00 Auer bis Hallefnuecht d'Hoer geschnidden. Duerno ass hien nees mam Vëlo heem op Angelsbierg gefuer.

Dernieft huet den Nic Raths d'Hoer nach an engem Café zu Lëntgen an an engem Café zu Viichten geschnidden. Zu Gousseldeng ass hien op Wonsch bei d'Leit heem gaangen, fir d'Hoer ze schneiden.

1911 huet hien zu Biissen d'Haus Kasel vum Här Hennico gelount, haut Nr. 14 Grand-rue. Et ass den Deel vum Haus Raths op der Säit vun der Groussgaass, mat der grousser Vitrinn an dernieft enger Entréesdier. Den Nic Raths huet sech selbstänneg gemaach als Coiffer, an op Pällemsonndeg 1911 huet hie säi Coifferssalon an dem Haus Kasel opgemaach. Un d'Haus hat hien e Schëld ubruecht mat der Opschréft FRISÖR. Drënner houng eng Koffer Schuel, déi wuel d'Schuel duergestallt huet, an där d'Baartseef opgeschloe gouf. Nieft senger Aktivitéit als Coiffer, huet den Nic Raths nach Hiemer a Krawatte verkaaft.

Den 10. Abrëll 1911 ëm 9.00 Auer koum den éischte Client an de Coifferssalon. Et war den Här Maisch, dee Schwäizer an der Kierch war. De Schwäizer hat zeremoniell Funktioune bei Prozessiounen a Begriefnesser, an hien huet an der Kierch fir Uerdnung gesuergt. Deselwechten Owend, no Schichtschluss vun der Géisserei vu Colmer, koumen nach dräi Clienten. Si kruten d'Hoer geschnidden an de Baart gemaach. Do wou de Baart war, war d'Gesiicht elo wäiss. De Rescht blouf schwaarz vun der Aarbecht an der Géisserei. Den Nic Raths hat refuséiert, déi wäiss Servéiten ze benotzen, un déi seng Mamm nach e faarwege Rand geheekelt hat, an hie sot den dräi Clienten, déi nächste Kéier missten si sech wäschen, éier se bei de Coiffer kéimen.

Zu Viichten huet den Nic Raths d'Maria Maas kenne geléiert an 1912 huet hien sech mat hir bestuet. D'Maria Maas war d'Duechter vum Wiert aus dem Café, wou hien d'Hoer geschnidden huet. D'Koppel krut 7 Kanner an zwar : Albertine (1913 – 1923), Albert (1914 – 1970), Alice (1916 – gestuerwe kuerz no der Gebuert), Marcelle (1918 – gestuerwen no 10 Méint), Aloyse (1921 – 2009), Marcel (1923 - 2020) an Albertine (1925 - 2015).

De Café Raths

Komme mir zeréck bei den Ufank. An den éischte Joren hat den Nic Raths just de Coifferssalon. D'allgemeng Wirtschaftslag war net besonnesch, sou dass d'Coiffersaktivitéit net duergoung fir ze liewen. Hien huet awer gesinn, dass d'Wirtschaften zu Biissen gutt besicht waren, wat hien op d'Iddi bruecht huet, nieft dem Coifferssalon eng Wirtschaft opzemaachen.

1917 goufen zwou Wirtschaften zu Biissen verkaaft, de Café Hoscheid bei der Kräizung zur Béiwenerstrooss an de Café Maisch bei der Atert, ugebaut un d' Haus, an deem de Coifferssalon war. De Proprietär vum Café huet Limonad produzéiert, an hie war de Brudder vum Schwäizer, dem éischte Client vum Salon, wéi mir gesinn hunn. Et gouf e Compromis de Vente ënnerschriwwe fir 16.000 Frang. Sollt ee vun deenen zwee, de Keefer oder de Verkeefer, zerécktrieden, da misst deen deem aneren 1.000 Frang bezuelen. De Proprietär Maisch wollt en anert Haus kafen, wat hien awer net krut. Doropshi wollt hien aus dem Kafvertrag austrieden, ouni awer d'Entschiedegung vun 1.000 Frang ze bezuelen. Den Nic Raths huet heirop bestanen, an et koum zum Gestreits, souguer nach virum Notär, well de Proprietär behaapt huet, den Nic Raths kéint de Kafpräis net bezuelen. D'Affär gouf domat geléist, dass den Notär sech fir den Nic Raths verbiergt huet, wouduerch deen d'Haus bei der Atert krut.

Den Nic Raths huet gläich ugefaangen d'Wirtschaft ëmzebauen. Et koum eng Keelebunn aus Bëtong bäi, vun 20 Meter Längt. Déi éischt fënnef Meter waren e Lafbriet vu 50 cm Breet a 5 cm Déckt. Dëst war eng ganz modern Anlag. Deemools gouf et nëmme Sandbunnen, wou d'Laffläch fir d'Keelen aus Sand war. Dat Joer drop, mir sinn elo am Joer 1918, huet hien de Café vergréissert an dobäi déi nach nei Keelebunn nees zougemaach. Doraus gouf eng Wäschkichen, e Keller fir Gedrénks, e Gromperekeller an e Lager. De Coifferssalon ass vir am Gebai ageriicht ginn, op der Säit vun der Plaz. Well d'Haus no bei der Atert stoung, war een dacks mat Héichwaasser geplot. Dofir wollt dem Nic Raths seng Fra och net, dass hien et soll kafen. Si hätt léiwer de Café Hoscheid bei der Béiwenerstrooss gehat. Den Nic Raths hat sech duerchgesat, mee seng Fra huet sech demonstrativ zeréck gezunn, wann de Café ënner Waasser stoung.

Den Nic Raths ass mam Héichwaasser eens ginn. Am Klautjen Nr. 03/2024 hu mir schonn erzielt, dass d'Cliente gehollef hunn, alles héich ze stellen, wann d'Waasser koum. De Piano gouf op Béierfässer gestallt an Dëscher a Still op Këschten an do gouf viru Kaart gespillt. Si hate wuel d'Féiss am Waasser, mee dat schéngt deemools kee Problem gewiescht ze sinn.

De Café an de Coifferssalon Raths waren elo fest etabléiert am Duerf, an d'Liewen huet säi Laf geholl. Eng Anekdot aus den Zwanzeger Jore sief erzielt. Den Nic Raths war fir séier Decisioune bekannt. Wéi vill aner Leit am Duerf, huet hien niewebäi zwee Schwäin an, a sengem Fall, och nach zwou Geesse gehalen. Seng Fra Maria huet sech ëm d'Geesse gekëmmert an, bei Héichwaasser, huet si se op de Späicher geholl. Fir dass d'Geessen net fortlafen an an d'Waasser fale géifen, ass si bei hinne bliwwen. Am September 1920 ass si mat de Kanner op Béiwen op d'Kiermes gaang. Hire Mann hat vill Aarbecht, sou dass hie keng Zäit hat, fir och nach no de Geessen ze kucken. An engem Schapp nobäi ass gedresch ginn, an d'Geesse waren sech selwer iwwerlooss. Déi, net faul, hunn déi gedresche Kären um Won gefriess. Wéi d'Leit dat gemierkt hunn, gouf et décken Zodi, a si hunn dem Nic Raths mat Fuerderungen no Schuedenersaz gedreet. Deen hat es genuch an huet d'Geessen direkt verkaaft. Wéi seng Fra vun der Kiermes heem koum, war déi och net frou. Ma, sot hire Mann, déi nächste Kéier hëls de d'Geessen einfach mat op d'Kiermes.



Héichwaasser am Frounert. De Schapp am Hannergrond gouf an de Fofzeger Jore mat Brieder zougemaach. Haut steet do den Neibau vun Nr. 16, rue de l'Attert.

Erweiderung mat engem Dammesalon

An den Zwanzeger Joren ass de Salon fir Dammecoiffuren opkomm. Permanenten a Mise en plie ware grouss Moud. Duerfir ass dem Nic Raths säin eelste Fils Albert 1927 a Course gaang, fir Dammecoiffer ze léieren. Den neie Service koum gutt bei de Biisser Dammen un, sou dass 1935 en Deel vum Café ofgetrennt gouf, wou den Albert säin Dammesalon konnt ariichten. Aus den deemools 80 qm Fläch goufen heifir 30 qm erausgeholl. 1936 huet de Marcel Raths d'Léier fir Härecoiffer bei sengem Papp ugefaangen. Den Albert blouf Dammecoiffer.

Taxi Raths

Den Nic Raths hat eng Nues fir geschäftlech Opportunitéiten. An den 30er Jore koumen d'Autoen op an déi hu Bensinn gebraucht. Den Nic Raths hat selwer en Auto an, mat dem Bensinnsverbrauch huet hien nei Geschäftsméiglechkeeten erkannt. Sou huet hien 1935 eng PURFINA Tankstell opgemaach, wou hien, nieft Bensinn, och Ueleg a verschiddene Grade verkaaft huet. D'Tankstell blouf a Betrib bis 1976.

Zu Biissen goufen et virum Krich nëmme 6 Privatautoen. De Marcel Raths huet iwwerluet, no dem Krich eng Taxisentreprise ze grënnen, mee säi Papp huet hie gewarnt, de Coiffersberuff net ze vernoléissegen. Trotzdeem huet de Marcel gläich nom Krich eng Lizenz ugefrot, fir Taxi ze fueren. Säi Brudder Aloyse huet dunn och eng Lizenz gefrot fir auszehëllefe bei Bedarf. Als drëtten huet de Vic Graaff vu Péiteng, e Cousin vum Marcel senger Fra, eng Taxilizenz ugefrot, och fir auszehëllefen, wann et néideg wier. Bis wäit an d'Fofzeger Jore war den Taxibetrib e wichtege Service fir d'Biisser Leit. Een einfacht Beispill, dat awer ëfters virkoum: eng Fra huet accouchéiert a si huet dringend missen an d'Maternité bruecht ginn. Déi wéinegst Leit haten en Auto, an déi Puppelcher kommen net op Rendez-vous. De Marcel huet d'Fra zu all Dageszäit, och matten an der Nuecht, an d'Maternité gefouert. 1965 huet de Marcel mam Taxigeschäft opgehal, well de Salon du gelaf ass.

Den Albert Raths (lénks) an de Marcel Raths (rechts) mat dem Auto vun hirem Papp op der Plaz virun dem Haus Raths. D'Foto ass aus dem Joer 1936.



D'Krichsjoren

Mir sinn 1940 a Lëtzebuerg gouf vun den Nazie besat. 1942 koum d'Zwangsrekrutéierung an zwéi vun dem Nic Raths senge Jongen, den Aloyse an de Marcel, goufen agezunn. Am Café an am Salon war eng gedréckte Stëmmung. D'Leit ware mësstrauesch. Si woussten net, wiem se kéinten trauen an hunn nëmme méi gepëspert. Deserteure krute Rotschléi, wéi si iwwer Déifferdeng op Metz a weider iwwer d'Demarkatiounslinn komme kéinten. Duerch déi Resistenzaktivitéite gouf d'Gestapo op d'Famill Raths opmierksam.

Schonn de 27. Oktober 1940 hat den Aloyse Raths zu Biissen eng Resistenzorganisatioun gegrënnt, iwwregens déi alleréischt Resistenzorganisatioun zu Lëtzebuerg. Si huet sech «Lëtzebuerger Legioun » genannt. Aus där Organisatioun ass spéider d'Resistenzorganisatioun LVL, Lëtzebuerger Volleckslegioun, entstanen. Den Aloyse Raths gouf 1942 verhaft a koum op Wittlich an de Prisong. De 14. Juli 1942 ass hie wéinst «Mangel an Beweisen» vun engem Geriicht zu Lëtzebuerg fräigesprach ginn. 1943 koum hien un d'Front a Wäissrussland, ass do nees verhaft an zeréck op Lëtzebuerg bruecht ginn, wou hien zum Doud verurteelt sollt ginn. A leschter Minutt konnt hie flüchten, wourophin d'Nazie säi Brudder Albert festhuele wollten. Dee konnt fortlafen, sou dass d'Nazien elo de Papp Nic Raths verhaft an an d'Villa Pauly bruecht hunn. Wéi den Albert Raths owes héieren huet, dass säi Papp verhaft gouf, huet hien sech gestallt. Allebéid si se schliisslech fräigelooss ginn, well si net woussten, wou den Aloyse wier. Spéider ass den Albert Raths als Sektiounschef vun der Resistenzorganisatioun LRL (Lëtzebuerger Ro'de Lé'w) verhaft ginn. Hie koum an d'KZ vun Hinzert an duerno an d'KZ vu Mauthausen.

De Marcel Raths koum am August 1942 an den RAD an duerno an d'Wehrmacht, wou hien als Coiffer agesat gouf. Säi Wee huet hien iwwer Pommern bis a Griichenland gefouert. De 24. Oktober 1943 huet hien zu Bingen um Rhäin e Selbstmord virgetäuscht a koum an enger abenteuerlecher Zuchfaart, ouni Pabeieren, zeréck op Biissen, wou hien sech bis September 1944 als Refractaire verstoppt huet.



D'Famill Raths direkt nom Krich. Den eelere Mann an der Mëtt, mat dem wäissen Hiem, ass den Nic Raths. Rechts vun him, de Marcel Raths, lénks den Albert Raths a lénks vun deem, den Aloyse Raths.

Nom Krich

Mir sinn elo am Joer 1945. De Krich ass eriwwer. D'Leit liewen nees op a sichen no Weeër a Méiglechkeeten, fir iwwer d'Ronnen ze kommen. De Marcel hëlleft sengem Papp am Häresalon an an der Wirtschaft. Den Albert mécht sech selbstänneg als Dammecoiffer a lount d'Haus Beem op der Plaz nieft der Kierch, haut Nr. 2a, route de Mersch, wou hien säin Dammesalon opmécht. Spéider huet hien d'Haus kaaft an hei den Dammesalon gefouert bis zu sengem Doud am Joer 1970.

1951 iwwerhëlt de Marcel den Häresalon vum Nic Raths an hien engagéiert sech weider staark an dem Cafésbetrib. Vun 1946 bis 1958 war de Café Raths de Veräinslokal vum Biisser Fussball, wouduerch den Ëmsaz, souwuel am Café wéi am Salon, staark an d'Luucht goung. Deementspriechend gouf et e grousst Lach, wéi de Fussball 1958 de Veräinslokal gewiesselt huet. De Marcel huet sech net ënnerkréie gelooss an nei Weeër gesicht. Heibäi huet de Reesender vun der Kosmetikfirma Schwarzkopf him wäertvoll Rotschléi ginn. Deen hat him scho wärend méi Jore virdrun ëmmer erëm gesot, hie misst méi an déi nei Technike vum Hoerschneiden a vun de Fleegeprodukter investéieren. Wéi 1958 den Abroch koum, sot de Reesender dem Marcel begeeschtert, dat wier seng grouss Chance.

Ëmstellung an Ausbau vum Häresalon

De Marcel huet d'Zeeche vun der Zäit erkannt. Hien ass a Course gaang an huet sech 1958 zu Köln d'Coifferweltmeeschterschaft ugekuckt. Hie war begeeschtert vun den neie Perspektive vum Handwierk, déi hien do entdeckt huet. Zeréck zu Biissen huet hien sech beim Club artistique Luxembourg ugemellt a sech iwwer déi nächst Joren a sengem Beruff weidergebilt.

De Marcel huet och Wäert op d'Präsentatioun geluecht an ass zousätzlech a Course gaange fir Dekoratioun. Wat hien do geléiert huet, huet hie joerzéngtelaang ugewannt, net nëmme fir d'Vitrinn vu sengem Salon ze dekoréieren, mee och fir de Sall am Café, ugepasst un déi verschidden Evenementer, festlech auszeriichten.

1960 huet hien un der Europameeschterschaft zu Paräis deelgeholl. Hei gouf hien als 16te klasséiert an domat als beschte Lëtzebuerger. Bei enger Geleeënheet hat hien d'Chance, e Cours ze besiche vum deemolege Starcoiffer, dem Alexandre de Paris. Hei krut hien Technike gewisen aus dem Beräich vun der Dammecoiffure, déi elo an d'Härecoiffure iwwerholl goufen. Et waren nëmmen e puer Leit am Cours, sou dass d'Formatioun entspriechend intensiv war.

Vun do un ass de Marcel bis 1975 all Joer op Paräis gefuer, fir sech iwwer déi nei Frisuren ze informéieren. Hien huet och un internationale Concoursen deelgeholl. Hie war an der Coiffersfederatioun aktiv an huet z.B. 1962 u Moudendefiléë matgewierkt an der Stad, zu Esch, Dikrech, Gréiwemaacher a Mondorf. Zu Biissen huet hien am Danzsall vu sengem Café selwer Defiléen organiséiert, wou nei Coiffurë virgestallt goufen.

Mir hunn elo vill vum Marcel geschwat. Heibäi duerfe mir seng Fra Suzette net vergiessen. Si huet all déi Aarbechte gemaach, déi een nëmme gesäit, wann se net gemaach ginn, an dat ass der en décke Koup. Sou huet si z. B. dacks scho moies ëm siwen Auer den Trottoir virun der Dier gekiert. Nieft hirem Stot, huet si am Café geschafft an am Salon de Clienten d'Hoer gewäsch. Ouni si, wier d'Entwécklung vum Café a Salon Raths, net méiglech gewiescht.

Coiffeur de la Cour

Duerch seng international Erfarunge konnt de Marcel Raths säi Salon qualitativ sou ausbauen, dass hie wäit iwwer d'Grenze vu Biissen eraus bekannt gouf. Hien huet net nogelooss a sengem Striewen no Verbesserung a kee wéineger wéi de Grand-Duc selwer gouf op hien opmierksam. 1965 krut de Marcel Raths d'Éier, dem Prënz Henri, dem spéidere Grand-Duc, d'Hoer ze schneiden an nëmmen aacht Deeg méi spéit konnt hien de Grand-Duc Jean selwer coiffféieren. De Grand-Duc schéngt zefridde gewiescht ze sinn, well hie blouf en treie Client vum Marcel Raths. Och seng dräi Jongen, d'Prënzen Henri, Jean a Guillaume, koumen an d'Clientèle. Spéider krute souguer dem Grand-Duc Henri seng Jongen, d'Prënze Guillaume, Félix, Louis a Sébastien, vum Marcel Raths d'Hoer geschnidden. Eisen zukünftege Grand-Duc Guillaume krut also als Kand vum Marcel Raths vu Biissen d'Hoer geschnidden. Op der Hochzäit vum Prënz Henri mat der Prinzessin Maria Teresa 1981, huet de Marcel Raths, zesumme mam Alexandre de Paris d'Gäscht coiffféiert.

1975 krut de Marcel Raths den Titel «Coiffeur de la Cour», an 2001 ass de Salon «Fournisseur de la Cour» ernannt ginn. Dem Marcel Raths seng Schnauer, d'Brigitte, huet spéider dem Grand-Duc Jean an der Prinzessin Elisabeth zu Fëschbech d'Hoer geschnidden.

Heimat schléisse mir den éischten Deel vun dem Reportage iwwer d'Famill Raths. An der nächster Editioun vum Klautjen wäerte mir iwwer d'Entwécklung vum Café Raths schwätzen, den Danzsall an d'Reorientatioun vum Coifferssalon am neie Joerdausend.

Pol Schummer

Sourcen: Gespréich mam Gaston Raths an Archive vun der Famill Raths
Fotoen: Archive vun der Famill Raths
Foto vum Héichwaasser: Kollektioun Camille Schroeder



Moudendefilé am Danzsall Raths am Joer 1998. Hei goufen déi nei Coiffurë vun der Saison virgestallt.

D'Haus no dem Ëmbau vun 1959, sou wéi et och haut nach do steet.

Bissen conquiert la Division Nationale !

Une nouvelle ère commence !

Le FC Atert Bissen a marqué un tournant historique dans son parcours en accédant pour la première fois à la Division Nationale, le plus haut niveau du football luxembourgeois. Cette promotion est le fruit de plusieurs années de travail acharné, de persévérance et d'ambition collective.

Fondé en 1945, le club a longtemps évolué dans les divisions inférieures du championnat luxembourgeois. Ce n'est qu'au cours des trois dernières années que le FC Atert Bissen a véritablement émergé comme une force montante du football national. Sous la direction du coach Pedro Teixeira, arrivé en 2023, le club a entamé une métamorphose impressionnante. Avec un mélange de joueurs expérimentés, comme Dave Turpel et Daniel Da Mota, et une jeunesse dynamique, l'équipe a su bâtir une unité solide et performante.





De la sueur à la gloire : Le combat victorieux du FC Atert Bissen.

La saison 2023-2024 a été décisive : invaincu en Promotion d'Honneur, Bissen a su dominer ses adversaires malgré une forte concurrence. Cette stabilité sportive et tactique lui a permis de décrocher une place parmi les meilleurs et d'accéder aux barrages. Face au SC Bettembourg, devant plus de 2 500 spectateurs, le FC Atert Bissen a décroché la victoire grâce à un but décisif de Fine Bop, offrant à son club la première montée historique en Division Nationale.

FC Atert Bissen : L'ascension fulgurante vers la Division Nationale !

Cette réussite reflète non seulement le talent des joueurs et la stratégie du staff technique, mais aussi la qualité des infrastructures rénovées du club, notamment le stade de Klengbousbierg, un atout majeur dans la montée en puissance du club. La communauté locale de Bissen, fervente supportrice, a également joué un rôle crucial dans cette aventure, soutenant l'équipe avec passion et enthousiasme.

Bissen en feu : le club qui embrase la Division Nationale
La saison 2025-2026 s'annonce prometteuse et riche en défis pour le FC Atert Bissen, qui devra désormais affronter les meilleurs clubs du pays, tout en consolidant sa place dans l'élite. Avec une équipe soudée et un projet solide, le club aspire à poursuivre sa progression et à écrire de nouvelles pages de son histoire.

Carlos Teixeira, président du FC Atert Bissen depuis 2023, est une figure clé dans l'ascension remarquable du club vers la Division Nationale. Ancien joueur et entraîneur, il a mis toute son expérience et sa passion au service du club pour impulser une dynamique nouvelle. Sous sa présidence, le club a connu une période de succès sans précédent grâce à une gestion rigoureuse, un engagement structurant et une vision claire pour l'avenir. Son leadership a permis de fédérer joueurs, entraîneurs et supporters autour d'un objectif commun, donnant au club une base solide pour son nouveau défi au plus haut niveau du football luxembourgeois. Grâce à son dévouement et à sa capacité à motiver l'équipe dirigeante, Carlos Teixeira a indéniablement contribué à écrire une nouvelle page glorieuse dans l'histoire du FC Atert Bissen.

Le parcours du FC Atert Bissen illustre parfaitement comment la passion, le travail d'équipe et l'ambition peuvent transformer un club et offrir de belles perspectives pour son avenir.

REPORTAGEN & INTERVIEWS
/ Reportage



Fotoen: Victor Pinto















Evenementer & Réckbléck

Konveniat 2024



28. September 2024

Wou
Biissen
Organisatioun
Marianne Haupert-Schilling

Den 28. September 2024 hate sech 23 Biisser Leit vun de Joergäng 1960-1970 um Klengbousbierg getraff fir eng Visite vum Sportkomplex. No der Visite huet d'Biisser Gemeng e Patt zum beschte ginn. Fir d'Mettegiessen hate si sech beim Cristina ugemellt. Dem Buergermeeschter David Viaggi e grousse merci fir seng Erklärungen iwwer de Sportkomplex.

Fränk Reichel a Marianne Haupert-Schilling

Senioren am Asaz – Mat Freed dobäi!

Abrëll – Juli 2025

Wou
Biissen
Organisatioun
3. Alterskommissioun, Gemeng Biissen

D'Kommissioun vum Drëtten Alter vun der Gemeng Biissen huet am Laf vun de leschte Méint verschidde flott Aktivitéiten organiséiert, fir eise Seniorinnen a Senioren eng aktiv a geselleg Zäit ze bidden.

De 25. Abrëll hu mir eis fir eng Ronn Turne getraff, an och den 23.Mee stoung de Sport am Mëttelpunkt. Den 20.Juni ass et och an d'Sportshal gaangen, wou jidderee mat vill Freed a gudder Stëmmung dobäi war. Besonnesch flott war och eis Pétanque-Partie de 25.Juli am Frounert, wou mer eis sportlech gemooss hunn, an dobäi gouf vill gelaacht.

Nieft de sportlechen Aktivitéiten hate mir och e gemittleche Bingo-Nomëtteg den 10. Abrëll am Wonerbatti, wou vill Gewënner mat engem grousse Laachen heemgang sinn. All dës Manifestatioune ware vun enger häerzlecher Atmosphär gepräägt, an d'Participanten haten däitlech Spaass dodrun.

Eis nächst Aktivitéiten
Fir déi, déi gär dobäi wieren, hei déi offiziell Datumer:

- Turnen: 24.10., 21.11. an 19.12.
- Pétanque: 26.09.
- Trëppeltour: 16.09.

D'Kommissioun vum Drëtten Alter freet sech, nach vill Memberen a Frënn bei eisen nächsten Treffen ze begéinen. Mat sportlechen a soziale Momenter suerge mir zesummen dofir, datt d'Liewen aktiv an interessant bleift!

D'Kommissioun vum 3. Alter,
d'Präsidentin Bea Kabers







Jugendorchester vun der Biisser Musek

Saison 2024/2025

Organisatioun
Jugendensembel vun der Biisser Musek

An der Saison 2024-2025 ass de Jugendensembel vun der Biisser Musek op 22 Kanner a Jugendlecher gewuess. Dësen Orchester steet weiderhin ënnert der Direktioun vum Julie Ries. Jiddereen, deen op d'mannst 1 Joer am Cours op engem Blosinstrument oder an der Percussioun an der Musekksschoul ageschriwwen ass, ass häerzlech wëllkomm. Och déi Leit, déi als Erwuessenen een Instrument léieren, kënnen am Jugendensembel matspillen. D'Musek stellt de Schüler een Instrument zur Verfügung. D'Prouwe sinn all Dënschde vun 19 – 19:50 am Proufsall vun der Biisser Musek am Musekshaus. Dës Saison huet de Jugendorchester Concerten um Chrëschtmaart, op der Generalversammlung vum Veräin, dem Gala-Concert, um Duerfconcert an der Bléi an um Schoulfest vun der Biisser Schoul gespillt. Donieft huelen si och un den Aktivitéite vum Veräin deel, wéi ënner anerem dem Hämmelsmarsch, dem Ouschtermarsch an dem 1. Mee.

Interessi? Da kontaktéiert eis!

- jugend@fanfarebissen.lu
- president@fanfarebissen.lu



Duerfconcert, Foto: Jeannot Ley



1. Mee, Foto: Jeannot Ley

Galaconcert, Foto: Jeannot Ley



Biisser Jugendhaus

Dynamesch a kreativ

D'Stëmm vun der Jugend – Lauschteren a matzebestëmmen

Wéini – All Mount, vum 01. Januar 2025 un
Wou – Jugendhaus Bissen

Zesummekommen, nofroen, matdeelen a matentscheeden – dëst ass d'Iddi hannert der Jugendversammlung am Jugendhaus Bissen. All Mount kréien déi Jonk hei eng Plaz an eng Stëmm, fir iwwer hir Iddien, Suergen a Projeten ze schwätzen. Duerch den Dialog an d'Partizipatioun gëtt d'Zesummeliewen am Duerf, am Jugendhaus an an der Gesellschaft ervirgehuewen.

Duerch Kachen d'Welt entdecken – Balkan Food mam Erko

Wéini – 24. Mäerz 2025
Wou – Jugendhaus Bissen

De 24. Mäerz huet d'Jugendhaus Bissen eng kulinaresch Entdeckungsrees ugebueden: „Rondrëm d'Welt kachen" mam Erko, dee seng Leidenschaft fir d' Balkankiche mat de Jonke gedeelt huet. Zesumme goufen nei Aromen entdeckt, et gouf zesumme gekacht an natierlech vill gelaacht! Eng wonnerbar Méiglechkeet, de kulinareschen Horizont auszebauen an dobäi den Zesummenhalt an d'Freed an der Equipe ze stäerken.

Bingo-Time – Erëm eng Ronn Spaass mam 3. Alter

Wéini – 13. Abrëll 2025
Wou – Wonerbatti

Den 13. Abrëll war et erëm Zäit fir Bingo! D'Jugendhaus Bissen huet mat dem 3. Alter am Wonerbatti eng flott Ronn gespillt, wou net nëmmen Zuele geruff goufen, mä wou dobäi och vill gelaacht a geschwat gouf.

"Schlag den Erzieher" – Jonk géint Educateuren

Wéini – 18. Abrëll 2025
Wou – Jugendhaus Bissen

Den 18. Abrëll sinn déi Jonk vum Jugendhaus Bissen an engem coolen „Schlag den Erzieher"-Battle ugetrueden. Mat vill Laachen a vill Drive hu si probéiert, géint d'Educateuren ze gewannen – an déi Erausfuerderung ass net einfach gewiescht!

Prison Island – Gefaangen am Spill, fräi am Geescht

Wéini – 19. Abrëll 2025
Wou – Metz

Mir waren zu Metz am Prison Island — eng Spillplaz, wou Kierper a Kapp zesumme musse schaffen. Spannend Rätsel, vill Spaass a richtegen Challenge fir all eenzelnen! Eng flott Geleeënheet, fir zesummen ze schaffen an d'Grenze vum Teamgeescht ze testen. Vill Spaass garantéiert!

Déi Jonk am Gespréich mam Minister Claude Meisch – Zukunft gestalten

Wéini – 27. Abrëll 2025
Wou – Ciné Scala Dikrech

Am Kader vun engem Jugendprojet huet d'Jugendhaus Bissen de 27. Abrëll d'Geleeënheet kritt, datt ee Grupp vu jonke Leit sech mam Minister Claude Meisch iwwer hir Froen an Iwwerleeungen austausche konnt. An dat an engem labbere Kader am Ciné Scala zu Dikrech. Dës Aktivitéit ënnersträicht d'Missioun vum Jugendhaus, jonke Leit eng Stëmm ze ginn, hinnen d'Méiglechkeet ze bidden, hir Iddien a Meenunge virzebréngen an esou aktiv un der gesellschaftlecher Diskussioun deelzehuelen Duerch dësen Dialog léieren déi Jugendlech net nëmme méi iwwer politesch Prozesser, mee si kënnen och aktiv hir Suergen a Virschléi un déi relevant Leit vermëttelen. Sou eppes féiert zu méi Engagement, Versteesdemech an der Entwécklung vu jonke Mënschen, déi d'Gesellschaft vu muer matdefinéieren

Vun der Strooss an d'Häerzer – Fir Respekt a Solidaritéit

Wéini – 30. Abrëll 2025
Wou – Ettelbréck, Stëmm vun der Strooss

Am Kader vum Solidaritéitsprojet „Zesummen-aarbecht mat der Stëmm vun der Strooss" war d'Jugendhaus Bissen den 30. Abrëll zu Ettelbréck aktiv. Déi Jonk hunn de Léit, déi dee Mëtten am Restaurant social waren, frësch gebake Wäffelcher ginn a sou e lëschtege Moment vun Zesummenhalt a Frëndschaft geschafen. Mat dëser Initiativ weisen déi Jugendlech, datt si net nëmmen am Duerf aktiv sinn, mee datt si och iwwer den Tellerrand kucke kënnen. Duerch esou Projete léiert d'Jugend Verantwortung, Empathie a Solidaritéit – Wäerter, déi grondsätzlech fir eng staark Gemeinschaft stinn.

Car Wash Aktioun – Zesumme fir eng staark Jugend

Wéini – 18. Mee 2025
Wou – Jugendhaus Bissen

Am Kader vum Solidaritéitsprojet huet d'Jugendhaus Bissen den 18. Mee eng Autowäsch-Aktioun organiséiert. Déi Jonk hu fir d'éischt fir déi eeeler Leit an der Gemeng Autoe gratis gewäsch, fir hinnen eng Hand ze ginn an de sozialen Zesummenhalt ze stäerken. Zousätzlech gouf de Car Wash fir de Public opgemaach, an déi verdéngte Sue goufe gesammelt, fir ze hëllefen, d'Kolonie vun de Jugendlechen ze finanzéieren.

Eng Hand fir eis eeler Leit – Jugendhaus Bissen engagéiert sech

Wéini – 28. Mee 2025
Wou – Am Duerf Biissen

Am Kader vum Solidaritéitsprojet „Sidec – Jugend stäerkt Biissen" hunn déi Jonk vum Jugendhaus Bissen den 28. Mee der eelerer Generatioun am Duerf eng wäertvoll Hëllef ugebueden. Mat vill Engagement a Respekt hu si d'Saache vun dëse Leit, déi net méi gebraucht ginn, op de Recycling/Sidec gefouert.

Spike Ball Action – Mat voller Power an d'Nuit du Sport 2025

Wéini – 14. Juni 2025
Wou – Sportkomplex

Am Kader vun der Nuit du Sport 2025 huet d'Jugendhaus Bissen eng flott Spike Ball Aktivitéit am Sportkomplex organiséiert. Déi jonk Participanten haten d'Méiglechkeet, sech sportlech anzebannen a Freed un der Beweegung ze deelen.

Cool Down & Support um Super Car Sunday

Wéini – 29. Juni 2025
Wou – Parking bei der Mierscher Gare

Am Kader vum Super Car Sunday Event vum 30. Juni 2025 huet d'Jugendhaus Bissen e Gedrénksverkaf um Parking bei der Mierscher Gare organiséiert, fir Suen ze sammelen an d'Aktioune vum Jugendhaus z'ënnerstëtzen. Duerch dës Initiativ ginn net nëmmen déi Jonk motivéiert, sech aktiv a sozial anzesetzen, mee si schaaft och eng Plattform, wou d'Gemeinschaft zesummekënnt an zesummen zu de villfältegsten Aktivitéiten inspiréiert gëtt.


Balkan food mam Erko


Bingo-Time mam Jugendhaus


Schlag den Erzieher



Prison Island


Vun der Strooss an d'Häerzer


Car Wash Aktioun

Schülerauditioune vum Conservatoire de Musique du Nord

Mäerz – Abrëll 2025

Wou
Musekssall
Organisatioun
Conservatoire de Musique du Nord,
Biisser Musek & Kulturkommissioun,
Gemeng Biissen

Dat grousst Evenement am Schouljoer vum Conservatoire sinn all Joer d'Schülerauditiounen. An Zesummenaarbecht mat der Biisser Kulturkommissioun a mat der Biisser Musek hat de Conservatoire du Nord dëst Joer dräi Auditiounen zu Biissen am Musekssall organiséiert, an zwar den 12. Mäerz, den 3. Abrëll an de 24. Abrëll.

Bei den zwou éischten Auditiounen hunn déi jonk musikalesch Talenter hir Fortschrëtter gewisen an der Ausbildung op hirem Instrument. Nieft de Schülerinnen a Schüler, déi scho méi laang am Conservatoire léieren, sinn och dëst Joer nees Ufänger opgetrueden. De jéngste Schüler vun der Auditioun ass am éischte Schouljoer an huet am Oktober 2024 d'Ausbildung op sengem Instrument, der Klarinett, ugefaangen.

Nei dëst Joer bei der Auditioun war den Optrëtt vun zwou jonke Sängerinnen a modernem Gesank. Domat sief drun erënnert, dass de Conservatoire net nëmmen Ausbildungen op engem Instrument ubitt, mee och an de verschiddene Richtunge vum Gesank.

De 24. Abrëll war den Optrëtt vun de Schülerinnen a Schüler vun der Formation musicale, dem Solfège. Wann een eng Sprooch léiert, muss ee Vokabele béchsen a sech an d'Grammatik knéien. D'Musek ass wéi eng Sprooch, an déi musikalesch Ausbildung fänkt u mat Noute léieren an den Takt üben, dem Solfège eeben. Dass dëst haut net méi déi dréche Schoulstonne vu fréier sinn, hunn d'Schülerinnen a Schüler op der Auditioun mat rhythmeschem Gesank gewisen, deen si mat Begeeschterung virgedroen hunn

Als Ofschloss vun der Solfège Auditioun hu verschidde Membere vun der Biisser Musek Instrumenter virgestallt, fir d'Schülerinnen an d'Schüler eventuell fir dës ze motivéieren.

Auditions d'élèves du Conservatoire de Musique du Nord

Le grand événement dans l'année scolaire au Conservatoire, ce sont les auditions d'élèves. En collaboration avec la Commission de la Culture de la Commune de Bissen et de la Société de Musique de Bissen, le Conservatoire de Musique du Nord avait organisé cette année trois auditions d'élèves dans la salle de répétition de la Musique à Bissen, à savoir les 12 mars, 3 avril et 24 avril.

Lors des deux premières auditions, les jeunes talents musicaux ont montré les progrès qu'ils ont réalisé dans l'étude de leur instrument de musique. A côté des élèves qui sont inscrits déjà depuis plus longtemps au conservatoire, des débutants participaient de nouveau à l'audition. Ainsi, le plus jeune élève participant est en première année de l'école primaire et il a commencé l'étude de son instrument, la clarinette, en octobre 2024.

A relever aussi les prestations de deux jeunes étudiantes en chant moderne, une nouveauté en ce qui concerne les auditions à Bissen. En effet, outre les cours de formation sur un instrument de musique, le Conservatoire offre également une formation dans les différents genres du chant.

L'audition du 24 avril concernait les élèves des cours de formation musicale, c'est-à-dire, du solfège. Lorsqu'on apprend une langue, il faut mémoriser le vocabulaire et étudier la grammaire. La musique est comme une langue et l'étude de la musique commence par l'apprentissage des notes et des rythmes, ce qui s'appelle solfège. Aujourd'hui, ces cours ne sont plus comparables à l'enseignement ardu du passé, ce que les élèves ont montré par l'enthousiasmes avec lequel ils ont présenté leurs chants rhythmiques.

En clôture de l'audition de la formation musicale, quelques membres de la Musique de Bissen ont présenté quelques instruments de musique pour motiver éventuellement des élèves à considérer une formation dans ce groupe d'instruments.







Fotoen: Jeannot Ley

Agility Tornadoes Bissen

Mee - Juli 2025

Organisatioun
Maison Relais "un der Atert"

Erfolgreich unterwegs auf Luxemburger Turnierplätzen

Die letzten Wochen standen ganz im Zeichen des Hundesports: Bei Turnieren in Sanem, Wiltz (Gënzescup) und zuletzt beim Blitzturnier in Grosbous konnten die Agility Tornadoes Bissen zahlreiche Erfolge feiern. Unsere Teams überzeugten mit starken Platzierungen, Einsatzfreude und echter Leidenschaft für den Sport.

Sanem – 31. Mai & 1. Juni 2025

Das Turnier in Sanem war geprägt von Hitze am Samstag und Gewittern am Sonntag. Zum Glück blieb unser Team vom Schlimmsten verschont – und konnte sich auf dem Platz voll konzentrieren. Unsere Läufer:innen zeigten sich in Topform und brachten zahlreiche schöne Erfolge mit nach Hause – ein rundum gelungenes Wochenende!

Samstag, 31. Mai – Agility:
- Martine Alzin mit Tao – 1. Platz (Classe 1, Intermediate)
- Richard Moffatt mit Nala – 1. Platz (Classe 1, Medium)
- Richard Moffatt mit Trifle – 3. Platz (Classe 2, Small)

Samstag, 31. Mai – Jumping:
- Richard Moffatt mit Trifle – 5. Platz

Sonntag, 1. Juni – Jumping:
- Richard Moffatt mit Nala – 1. Platz
- Richard Moffatt mit Trifle – 3. Platz

Sonntag, 1. Juni – Agility:
- Martine Alzin mit Tao – 2. Platz

Fotoen: Martine Alzin



Wiltz "Gënzecup" – 7. & 8. Juni 2025

Eine Woche später war unser Verein beim Gënzescup in Wiltz vertreten – sportlich wie auch organisatorisch. Einige Mitglieder unterstützten den austragenden Verein tatkräftig beim Ablauf des Turniers.Außerdem kamen mehrere interessierte Vereinskolleg:innen vorbei, um erste Eindrücke vom Turniergeschehen zu sammeln, unsere Starter:innen zu unterstützen und sich auf zukünftige Teilnahmen vorzubereiten. Trotz wechselhaftem Wetter – von Regen und Kälte bis zu Sonne und Wärme – waren unsere Läufer:innen auch hier wieder äußerst erfolgreich.

Samstag, 7. Juni – Jumping:
- Richard Moffatt mit Trifle – 1. Platz (Classe 2, Small)
- Martine Alzin mit Tao – 3. Platz (Classe 1, Intermediate)
- Richard Moffatt mit Nala – 4. Platz (Classe 1, Medium)

Samstag, 7. Juni – Agility:
- Richard Moffatt mit Nala – 1. Platz
- Martine Alzin mit Tao – 2. Platz

Sonntag, 8. Juni – Agility:
- Richard Moffatt mit Trifle

Sonntag, 8. Juni – Jumping:
- Martine Alzin mit Tao – 1. Platz

Finale (alle Klassensieger:innen des Wochenendes):
- Richard Moffatt mit Trifle – 2. Platz

Grosbous – Blitzturnier – 5. & 6. Juli 2025

Beim Blitzturnier in Grosbous war Martine Alzin mit Tao alleine für unseren Verein unterwegs – mit hervorragenden Resultaten an beiden Tagen.

Samstag, 5. Juli – Agility:
- Martine Alzin mit Tao – 2. und 3. Platz

Samstag, 5. Juli – Jumping:
- Martine Alzin mit Tao – 3. Platz

Sonntag, 6. Juli – Jumping:
- Martine Alzin mit Tao – 2. Platz

Sonntag, 6. Juli – Agility:
- Martine Alzin mit Tao – 1. Platz

Mit Begeisterung, Training & Teamgeist zum Erfolg Die Agility Tornadoes Bissen haben sich bei allen drei Turnieren stark präsentiert – sportlich wie menschlich. Besonders stolz sind wir auf Trifle, die in Wiltz mit konstant guten Leistungen den Aufstieg in die höchste Leistungsklasse (Classe 3) geschafft hat. Mir freeën eis schonn op déi nächst Turnéier!

Précoce meets Luxembourg

2025

Organisatioun
Maison Relais "un der Atert"

Dëst Joer waren d'Précoce Kanner vun der Maison Relais "un der Atert", op Entdeckungsrees duerch eist Lëtzebuerger Ländchen. Vum Norden an de Süden, duerch dat klengsten Duerf vum Land, hunn d'Kanner sech mat hirem Rucksak op de Wee gemaach. Eng Beräicherung fir hiert kulturellt Wëssen.

Lëtzebuergesch kulinaresch Spezialitéiten, ewéi Eisekuchen, "kalen Hond", Kniddelen a Grompere-kichelcher, hu mir an eisem Bak- a Kachatelier mat de Kanner virbereet an natierlech gouf dono och alles gefrupst.

Dës Rees huet de Kanner net nëmmen d'Schéinheet vum Land gewisen, mee och wäertvoll Erfarungen mat op de Wee ginn.

Angela, Myriam, Charel, Sven







Biissen rockt d'EuroVision fir ee gudden Zweck

25. Abrëll 2025

Wou
Frounert
Organisatioun
Eurovisiounsclub Lëtzebuerg
& d' Associatioun LUkraine asbl

D'Gemeng Biissen an Zesummenaarbecht mam Eurovisiounsclub Lëtzebuerg an der Associatioun LUkraine asbl, hunn e Freideg de 25. Abrëll op en internationalen Owend fir de gudden Zweck an d'Hal Frounert invitéiert.

Nieft Live Optrëtter vun Laura Thorn, Zero Point Five, Luzac, Rhytmic Soulwave, One Last Time, Mäna a Rafa Ela goufen och déi 37 offiziell Videoclippe vun de Länner, déi dëst Joer un der Eurovisioun zu Basel deelgeholl hunn, projezéiert.

An engem Voting gouf eise perséinleche Favorit vum Owend ermëttelt. De ganzen Erléis vum Owend ass un d'Associatioun LUkraine asbl gespent ginn.









Soirée Eurovision caritative: Rock pour l'Ukraine avec musique et votes !

La Commune de Bissen en collaboration avec le Comité de l'Eurovision (OGAE) du Luxembourg et l'association LUkraine asbl ont invité le public à une soirée conviviale internationale à la Salle Frounert à Bissen.

La soirée a commencé avec les prestations en direct de Laura Thorn, Zero Point Five, Luzac, Rhytmic Soulwave, One Last Time, Mäna a Rafa Ela. Les 37 clips officiels des pays participant cette année à l'Eurovision à Bâle ont ensuite été projetés sur écran géant. Le public avait la possibilité de voter pour sa chanson favorite.

Les fonds récoltés lors de la soirée ont été entièrement reversés à l'association LUkraine asbl.

Eurovision Charity Bash: Rocking for Ukraine with Music and Votes!

The Municipality of Bissen in collaboration with the Eurovision Committee of Luxembourg and the association LUkraine asbl were delighted to invite you to an international night at Hal Frounert in Bissen on April 25th. We offered the screening of the official video clips of the 37 countries taking part in the Eurovision Song Contest in Basel including Luxembourg, and invited the audience to an interactive voting of their favorite performance.

The event included live performances by Laura Thorn, Zero Point Five, Luzac, Rhytmic Soulwave, One Last Time, Mäna a Rafa Ela.

All profits of the night were entirely donated to the association LUkraine asbl.



TerraBis 2025

Am Kader vum Fest vun de Kulturen „TerraBis“, dat den 9. Mee 2025 zu Biissen stattfonnt huet, koumen d’Leit bei herrlechem Wieder zesummen, fir d’Diversitéit vun eisem Duerf ze feieren.

Ganzer 17 Natioune ware vertrueden fir hir kulinaresch Spezialitéiten – fir Iessen a Gedrénks – mat de Biisser Bierger ze deelen. Sou gouf et vill flott Momenter a lecker Entdeckunge fir kleng a grouss Genéisser.

Fir d’Stëmmung an d’Animatioun hu verschidde Musek- an Danzgruppe gesuergt, déi mat hire kreative Programmer d’Evenement nach méi lieweg gemaach hunn. Och dëst Joer war d’Fest immens gutt besicht, an d’Leit hunn den internationalen Austausch, déi frëndlech Atmosphär an déi vill nei Spezialitéiten an de Mëttelpunkt gestallt.

Terrabis huet erëm gewisen, wéi eenheetlech a feierlech Diversitéit ka sinn, wa verschidde Kulturen zesummekommen an hir Traditiounen deelen.

9. Mee 2025

Wou
Frounert
Organisatioun
Kommissioun Vivre Ensemble Interculturel, Gemeng Biissen









Fotoen: Yann Wirthor


Gemeng Biissen
Diekirch
Diekirch
Diekirch
Gemeng Biissen
Gemeng Biissen

Fairtradewochen 2025

12. -25. Mee 2025

Wou
Crèche Margréitchen
Organisatioun
Crèche Margréitchen





Eng lecker Marche Gourmande fir jonk Entdecker

Wärend dësen 2 Woche goufe verschidden Aktivitéiten ugebueden. Eng vun dëse war eng kleng „Marche gourmande“, déi d’Erzéier an eisem Haff organiséiert hunn. Op dëser Marche goufe verschidde Statiounen opgebaut, wou d’Kanner verschidde Fairtrade-Produkter entdecken a schmaache konnten: Jus, Croissant, Schockela, Ananas, Banannen a Gebeess.

Dës Aktivitéit huet de Kanner net nëmmen nei Goute bruecht, mä si och dozou animéiert, méi iwwer fair Handel an nohaltege Konsum ze léieren.

Kannerwoch 2025

17. -23. Mee 2025

Wou
Crèche Margréitchen
Organisatioun
Crèche Margréitchen





Méi Beweegung, Entdeckungen an Erliefnesser– Manner Ecran, méi Spaass!

D’Kannerwoch 2025 stoung ënnert dem Motto: „Non-formal Bildung erliewen – manner Ecran, méi Beweegung, Entdeckungen a praktesch Erfarungen“.

Passend dozou haten d’Kanner an dëser Woch d’Geleeënheet, verschidde spannend Aktivitéiten ze entdecken an dobäi matzemaachen: Spiller mat Waasser, kreativ Ateliere baussen am Fräien oder en Hindernesparcours am Haff…

Dëst sollt d’Kanner encouragéieren, éischter praktesch a mat hire Sënner ze léieren, sech méi ze beweegen an zesummen nei Saachen ze entdecken.

Gemeinsam kreativ: E flotte Mammendag um Crèchehaff

8. Juni 2025

Wou
Crèche Beim Musekshaus
Organisatioun
Crèche Beim Musekshaus

Eise Crèchehaff bléit op – E kreative Mammendag an der Crèche beim Musekshaus

Fir Mammendag hu mir an eiser Crèche e ganz besonneschen Nomëtten organiséiert. Hei waren d’Mammen invitéiert, zesumme mat hire Kanner e flotte Moment bei eis an der Crèche ze erliewen.

Um Programm stounge verschidde kreativ Atelieren, déi fir vill Freed bei Grouss a Kleng gesuergt hunn. An Zesummenaarbecht mat eisem Service Natur on Tour hu mir eisen Haff verschéinert – mat neie Planzen an neie Blummekëschten. Zesumme mat hire Kanner konnten d’Mammen, ënnerstëtzt vun den Educatricen, dës Këschte beplanzen. Ausserdeem hu mir hinne Paletten a Faarf zur Verfügung gestallt. Dës fräi no hirer Iddi bemoolte Paletten hu mir duerno an originell Blummekëschte verwandelt, déi un eis Clôture befestegt goufen.

E weidert Highlight war eise Päiperleken-Atelier. Hei konnten d’Kanner aus Woll faarweg Päiperleke bastelen – eng flott Erënnerung, déi si mat heem huele konnten.

Zum Ofschloss gouf et natierlech och eppes Klenges z’iessen an ze drénken. An enger gemittlecher Atmosphär konnte sech d’Mammen an d’Kanner austauschen an zesummen dëse Moment genéissen.

E grousse Merci un all d’Mammen, déi sech d’Zäit geholl hunn, fir dëse gemittlechen Nomëtten mat eis ze verbréngen.





Sponsored Run 2025 – Biisser Schoul leeft fir e gudden Zweck

2. – 6. Juni 2025

Wou
Sportsterrain Biissen
Organisatioun
Biisser Schoul

„Mir beweegen eis fir aner Kanner staark ze maachen!“

Bei flottem Wieder an enger super Ambiance sinn d’Kanner aus de Cyclen 1 bis 4 motivéiert a mat vill Freed hir Ronnen um Sportsterrain zu Biissen gelaf. Ofhängeg vum Cycle sinn d’Schüler tëscht 15 a 30 Minutte gelaf – dobäi koumen eng ganz Partie Ronnen zesummen!

Duerch dëse Sponsored Run hunn d’Kanner Sponsore gesicht, déi si pro gelafener Ronn mat engem Geldbetrag ënnerstëtzt hunn. Den Erléis geet komplett un d’Associatioun "Een Häerz fir kriibskrank Kanner a.s.b.l.".

D’Schoulpersonal seet villmools Merci all de Kanner, Elteren a Sponsoren, déi dës flott solidaresch Aktioun ënnerstëtzt hunn!



BisArt 2025

12. – 16. Juni 2025

Wou
Wonerbatti
Organisatioun
Kulturkommissioun, Gemeng Biissen

BisArt, d'Konschtausstellung vun der Biisser Kulturkommissioun wärend dem Kiermesweekend, ass eng laang Traditioun an eiser Uertschaft. A senger Usprooch beim Vernissage huet de Georges Lucius, President vun der Kulturkommissioun, erzielt, dass hie gekuckt huet, wat d'Kënschtlech Intelligenz zu dem Theema BisArt weess. ChatGPT seet, BisArt wier eng järlech Konschtausstellung wärend der lokaler Kiermes am Centre Wonerbatti, schwätzt vun de verschiddene Konschtformen déi hei gewise ginn a betount d'Wichtegkeet vum Evenement fir dat kulturellt Liewe vun der Gemeng. BisArt géif derzou bäidroen, déi regional Kënschtler ze förderen. De Gemini Programm gëtt änlech Informatiounen a behaapt, d'Ausstellung géif zënter 2002 stattfannen. Dëst stëmmt awer net, well schonn an de 70er an 80er Jore sinn et Ausstellungen op der Biisser Kiermes ginn.

D'lescht Joer huet d'Kommissioun ugefaangen, de BisArt ëmzestrukturéieren, fir ewech ze komme vun engem Konschtmaart an erëm méi dat ursprünglecht Zil vun enger richteger Konschtausstellung ze erreechen. D'Theema dëst Joer ass d'Zukunft. D'Konschtwierker, déi op dem BisArt gewise ginn, sollen en Ustouss si fir nei Iddien, nei Bléckwénkelen, nei Emotiounen. Genee wéi d'lescht Joer, invitéiert de President Georges Lucius d'Visiteuren, sech mat de Kënschtler ze ënnerhalen, fir Hannergrondinformatiounen zu den ausgestallte Wierker ze kréien. Hie seet och alle Leit Merci, déi zum Gelénge vu BisArt bäigedroen hunn. De Georges Lucius betount, dass d'Kommissioun besonnesch frou ass, dass dëst Joer d'Jugendhaus an d'Grondschoul bei BisArt matmaachen. D'Kanner aus dem Cycle 4 weise Bastelaarbechten an Zeechnungen zum Theema Zukunft, wärend déi jonk Leit aus dem Jugendhaus op engem grousse Panneau hir Gefiller ausdrécken, wat d'Zukunft fir si bedeit.

Als Ofschloss vum Vernissage huet de Kënschtler ISÎS seng Aarbechten ënnermoolt mat engem Concert vu syntheetescher Musek um Synthesizer, déi begleet gouf mat Auszich aus Riede vun internationale Perséinlechkeeten zum Theema Zukunft.

BisArt, l'exposition d'art organisée par la Commission de la Culture de Bissen pendant le weekend de la kermesse, a une longue tradition dans notre localité. Dans le discours d'ouverture lors du vernissage, le président de la Commission de la Culture Georges Lucius, a mentionné qu'il a recherché ce que l'intelligence artificielle dit sur le BisArt. ChatGPT dit que BisArt est une exposition d'art au Centre Wonerbatti lors de la kermesse locale, montrant différents genres d'art. L'événement est important dans la vie culturelle de la localité et contribue à la promotion des artistes régionaux. Le programme Gemini communique des informations plutôt identiques et ajoute que l'exposition a lieu depuis l'année 2002. Ceci n'est pas correct, car il y avait déjà des expositions lors de la kermesse locale dans les années 70 et 80.

L'année passée, la Commission de la Culture a commencé à restructurer le BisArt afin de se distancer d'un marché d'art et de se rapprocher du but initial d'une véritable exposition d'art. Le sujet de cette année-ci est l'avenir. Les œuvres exposées au BisArt donnent des impulsions pour développer de nouvelles idées, obtenir de nouvelles approches et vivre de nouvelles émotions. Comme l'année passée, le président Georges Lucius invite les visiteurs à s'entretenir avec les artistes pour obtenir des informations supplémentaires à leurs œuvres. Il remercie également toutes les personnes qui ont contribué à la réalisation du BisArt.

Georges Lucius souligne que la Commission est particulièrement heureuse que cette année la Maison des Jeunes et l'école fondamentale ont participé au BisArt Les enfants du cycle 4 montrent des maquettes et des dessins concernant le futur et les jeunes de la Maison des Jeunes ont exprimé sur un grand panneau leurs sentiments en rapport avec l'avenir.

Le vernissage s'est terminé par un concert de musique synthétique que l'artiste ISÎS a produit avec un synthétiseur et qu'il a fait accompagner par des extraits de discours où des personnalités internationales se sont prononcées sur le futur.







Fotoen: Jeannot Ley



Virowend vum Nationalfeierdag

22. Juni 2025

Wou
Frounert
Organisatioun
Gemeng Biissen







Ried vum Buergermeeschter David Viaggi

De Buergermeeschter David Viaggi fänkt seng Ried u mat e puer Gedanken un eise Staatschef, de Grand-Duc Henri an un d'groussherzoglech Famill. Dann erënnert hien un d'Joer 1939, wou d'Lëtzebuerger mat grousse patriotesche Feierlechkeeten hir honnertjäreg Onofhängegkeet gefeiert hunn. Si hu kloer bekannt : « Mir wëlle bleiwe wat mir sinn.« Nëmmen e puer Méint méi spéit gouf dës Onofhängegkeet brutal zerstéiert, an et koumen déi batter Jore vum zweete Weltkrich.

Mat Erënnerung un d'Vergaangenheet wëlle mir den nächste Generatiounen eng Zukunft erméigleche vu Fridden an Zesummenhalt an der Gesellschaft. Mir liewen awer an enger schwiereger Zäit. Zënter méi wéi dräi Joer ass Krich an der Ukrain, an d'Situatioun am Noen Oste spëtzt sech gefäierlech zou. Dee President, deen den Ukrain Krich an zwéin Deeg op en Enn brénge wollt an deen sech wiele gelooss huet mat der Behaaptung, hie géif Fridde bréngen, dee President huet an der Nuecht vum 21. Juni Bommenugréffer op den Iran lancéiert. De President vun deem Land, dat eis virun 80 Joer befreit huet, suergt haut mat senger erratescher Politik fir vill Kappzerbrieches.

Op Nationalfeierdag wëlle mir awer positiv bleiwen an eis op dat besënnen, wat eis ausmécht als Lëtzebuerger. D'Integratioun vun eisen auslännesche Matbierger ass en Deel vun eiser Gesellschaft. Mir all si Lëtzebuerg. An deem Sënn riicht de Buergermeeschter David Viaggi sech a franséischer Sprooch un déi frankofon Bierger. Si hu matgehollef bei der Entwécklung vun eiser Gemeng, déi an de leschte Jore vill Changementer erlieft huet. D'Wirtschaft huet sech verlagert vun der Schwéierindustrie hin zu dem Handwierk, der Recherche an Zukunftstechnologien, déi zu den innovatiivsten an Europa zielen. De Lëtzebuerger Supercomputer MELUXINA steet an eiser Gemeng. Fir de Bierger déi bescht méiglech Servicer ze bidden, bleiwen d'Investitiounen an d'Infrastrukturen héich. An deem Sënn gëtt zum Beispill en neie Waasserbaseng gebaut, fir d'Qualitéit vum Drénkwaasser ze garantéieren an d'Versuergung ofzesécheren.

Wat d'Zesummeliewen an der Gesellschaft betrëfft, sou kann ee vun engem groussen Erfolleg schwätzen. Eis Gemeng ass Member gi vum Pacte du Vivre ensemble a bitt Coursen u fir d'Lëtzebuerger Sprooch ze léieren. Den TerraBis, deen zënter e puer Joer mat groussem Succès organiséiert gëtt, ass wäit iwwer d'Grenze vun eiser Uertschaft bekannt. Op den 22. Juni wunnen 3535 Leit an der Gemeng. Dovun hunn der 2332 déi Lëtzebuerger Nationalitéit, 599 déi portugisesch, 91 déi franséisch an 73 déi belsch Nationalitéit. 1772 Awunner si männlech a 1760 si weiblech. Biissen, dat ass den Engagement vun eis all, vun den Entreprisen, de Veräiner, de Schoulen a besonnesch de Familljen, déi de Kär vun eiser Gesellschaft sinn.

Uschléissend schwätzt den David Viaggi iwwer déi aktuell Projeten an der Gemeng. Nom Kollektivcongé fänkt de Chantier an der Grand-rue un. Hei ginn all Reseauen, déi an der Strooss leien, erneiert. Et gëtt eng 30er Zon amenagéiert, een zentrale Busarrêt gëtt gebaut an de Kräizungsberäich mat der Béiwenerstrooss gëtt iwwerschafft. Genee Informatioune ginn un all Haushalter verdeelt a fir d' Urainer gëtt et eng Informatiounsversammlung, fir d'Aarbechten zesummen sou gutt wéi méiglech unzegoen.

Am Ufank vum Joer 2026 soll de Chantier vun der neier Gemeng ufänken. An dat national geschützte Gebai Feith bei der Colmerstrooss kënnt eng Brasserie an op der Place de l'Immigration gëtt ee Parkhaus gebaut an e Park amenagéiert.

Mat der Renovatioun vun der Grand-rue an dem Frounert ginn 33 abordabel Wunnenge gebaut an 9 Jugendwunnengen. Nei Lokaler fir e Bäcker, e Metzler an e weidere Commerce si fir Enn 2025/Ufank 2026 geplangt. D'Chantiere vun der Schoul a vun dem Gemengenatelier gi gutt virun. Zesumme mam Sportsministère soll Ufank 2026 de Bau vun engem nationale Beachzenter, enger Tennishal an enger Klammhal ufänken. Fir de kulturellen Aktivitéiten, nieft dem Musekshaus, adäquat Raimlechkeeten unzebidden, gëtt gekuckt, wéi déi besteeënd Infrastrukture moderniséiert a vergréissert kéinte ginn.

An alle Beräicher versicht een no dem Motto « Eng Gemeng, déi verbënnt » virzegoen. An deem Sënn seet den David Viaggi de Gemengekommissiounen, de Veräiner an de Gemengeservicer Merci fir hir Zesummenaarbecht. Fir 2026 kënnegt hien e grousst Evenement un: Biissen gëtt d'nächst Joer Télévie Zenter a mir alleguer sinn opgefuerdert, eisen Deel bäizedroen, fir d'Ënnerstëtzung vun der Kriibsfuerschung. Hie seet dann der Biisser Musek, der Biisser Chorale, dem Biisser Kannergesank an dem Cercle dramatique Merci fir hiert Matwierken um Programm vum Virowend vum Nationalfeierdag an hie seet alle Leit a Veräiner Merci fir hir Präsenz. No dem Festakt trëtt de Kannergesank op mat engem klenge Concert. Duerno d'Phoenix Rockband, Singers Unlimited an et gëtt, fir d'éischt dëst Joer, eng spektakulär Lasershow.

Zum Schluss vu senger Ried erënnert de Buergermeeschter David Viaggi un den Trounwiessel vum 3. Oktober 2025, wou de Grand-Duc Henri no 25 Joer säin Amt virugëtt un den Ierfgroussherzog Guillaume. Mat dem traditionellen Hommage un de Grand-Duc an un d'Groussherzoglech Famill a mat dem Ruff « Vive eist Land » wënscht hien alle Leit e schéinen Nationalfeierdag.



EVENEMENTER & RÉCKBLÉCK
/ Réckbléck

Discours du bourgmestre David Viaggi lors de la Veille de la Fête Nationale

Le bourgmestre David Viaggi commence son discours avec des révérences envers notre chef d'État, le Grand-Duc Henri et la Famille Grand-Ducale. Il rappelle ensuite l'année 1939 où les Luxembourgeois ont célébré avec de grandes fêtes patriotiques le centenaire de leur indépendance. Ils ont témoigné clairement que « nous voulons rester ce que nous sommes ». Seulement quelques mois plus tard, cette indépendance fut anéantie brutalement et la population a dû subir les années amères de la seconde guerre mondiale.

Tout en nous rappelant ce passé, nous travaillons en sorte que les générations futures puissent vivre en paix et en cohésion. Or, nous vivons actuellement dans une époque difficile. Depuis plus de trois années, la guerre fait rage en Ukraine et la situation au Moyen Orient s'aggrave d'une façon dangereuse. Le Président qui a prétendu pouvoir finir la guerre d'Ukraine en deux jours et qui a été élu avec la promesse de faire la paix, a lancé des bombardements sur l'Iran dans la nuit du 21 juin. La politique erratique du Président du pays qui nous a libérés il y a 80 années, suscite de graves inquiétudes.

En ce jour de la Fête Nationale, nous restons positifs et nous nous concentrons sur ce qui nous distingue comme Luxembourgeois. L'intégration de nos concitoyens étrangers est un élément inébranlable de notre société. Nous tous, nous sommes le Luxembourg. Dans ce sens, le bourgmestre David Viaggi s'adresse en langue française aux citoyens francophones. Ils ont contribué au développement de notre Commune qui a vécu de nombreux changements les dernières années. L'économie a muté d'une industrie lourde vers l'artisanat, la recherche et des technologies futures qui sont parmi les plus innovantes en Europe. Ainsi, le superordinateur luxembourgeois MELUXINA se trouve sur le territoire de notre commune. Les investissements dans les infrastructures restent élevés afin de pouvoir offrir les meilleurs services aux citoyens. Dans ce sens, on construira par exemple un bassin d'eau pour garantir la qualité de l'eau potable et en assurer l'approvisionnement futur.



En ce qui concerne le vivre ensemble, on peut parler d'un franc succès. La Commune a adhéré au Pacte du Vivre ensemble et offre des cours de langue luxembourgeoise. L'événement TerraBis qui est organisé avec grand succès depuis quelques années, est connu largement au-delà des frontières de la localité. A la date du 22 juin, la Commune de Bissen compte 3535 habitants, dont 2332 de nationalité luxembourgeoise, 599 de nationalité portugaise, 91 de nationalité française et 73 de nationalité allemande. 1772 habitants sont masculins et 1750 sont féminins. La communauté de Bissen, c'est l'engagement de toutes et de tous, des entreprises, des associations, des écoles et surtout des familles qui sont le cœur de notre société.

David Viaggi continue son discours en parlant des projets actuels da la Commune. Le chantier de la Grand-rue commencera après le congé collectif. Tous les réseaux souterrains dans la rue seront renouvelés. On aménagera une zone trente, on construira un arrêt de bus central et on remaniera la zone du carrefour avec la route de Boevange. Des informations détaillées seront communiquées à tous les ménages et les riverains seront invités à une réunion d'information afin d'aborder le chantier ensemble de la meilleure façon possible.

Le chantier de la nouvelle Mairie commencera en janvier 2026. La maison Feith, bâtiment classé national dans la route de Colmar, hébergera une brasserie, alors qu'on construira un parking couvert sur la Place de l'Immigration et on y aménagera un parc.

La rénovation de la Grand-rue et des aménagements dans l'espace Frounert permettront la réalisation de 33 logements à prix abordable et de 9 logements pour jeunes. De nouveaux locaux pour un boulanger, un boucher et un autre commerce sont prévus pour la fin 2025 respectivement le début 2026. Ensemble avec le ministère des Sports, un centre national de Beach Ball, une halle de tennis et une halle pour escalades seront construits à partir de 2026. Afin d'offrir des locaux adéquats pour les activités culturelles, à part de la Maison de la Musique, des analyses sont en cours en vue d'une modernisation et d'un agrandissement des structures existantes.

Dans tous les domaines on s'efforce de procéder en accord avec la devise d'une Commune qui connecte. David Viaggi remercie dans ce sens les Commissions consultatives, les associations et les services communaux de leur collaboration. Il annonce un grand événement pour 2026: l'année prochaine, Bissen sera un centre Télévie et tous les habitants seront invités à s'engager pour le soutien de la recherche contre le cancer. Il remercie la Musique de Bissen, la Chorale de Bissen, la Chorale des Enfants et le Cercle dramatique de leur collaboration au programme de la Veille de la Fête Nationale ainsi que tous les citoyens et associations de leur présence. Après l'acte officiel, la Chorale des enfants chantera un petit concert. Ensuite il y aura la production de Phoenix Rockband suivie de Singers Unlimited et, pour la première fois à Bissen, un laser show spectaculaire.

Le bourgmestre David Viaggi termine son discours en rappelant le changement au trône du pays le 3 octobre 2025, où le Grand-Duc Henri abdiquera en faveur de son fils, le Grand-Duc héritier Guillaume. Avec l'hommage traditionnel au Grand-Duc et à la Famille Grand-Ducale ainsi que le « Vive notre Pays », il souhaite à toutes et à tous une joyeuse Fête Nationale.

Fotoen: Victor Pinto







Foto: Gemeng Bissen



4. Editioun vum Bis'Trail

Och dëst Joer goungen d'Leefer erëm um Bis'Trail un de Start. Fir déi mëttlerweil 4. Editioun hunn sech knapp 1.000 Participanten zesumme fonnt fir um Trail deelzehuelen.

Dëse Laf bréngt Leit aus dem ganze Land op Biissen an e bitt esou eng flott Geleeënheet, fir d'Schéinheet vun der Gemeng Biissen, hire Bëscher a säit dësem Joer och den neie Park ze entdecken.

Och déi Leit, déi net mat un den Depart gounge kruten eppes gebueden. Nieft Iessen a Gedrénks huet och den DJ fir gutt Stëmmung gesuergt an esou war et ee flotten Event … souwuel op ewéi niewent der Streck!

D'Zesummenaarbecht vun de verschiddene Clibb, déi d'Organisatioun ofsécheren, an de lokale Sponsoren, déi den Event méiglech maachen, verbënnt och iwwert de Bis'Trail ewech.

Markéiert Iech elo schonn de 26. Juni 2026 a maacht bei der 5. Editioun vum Bis'Trail mat!

27. Juni 2025

Wou
Sportskomplex
Organisatioun
Dëschtennis Bissen, Tennis Club Bissen, Jugendhaus "A Stenges", Gemeng Biissen & ID · Communication

Erlieft déi 4. Editioun











Fotoen: Victor Pinto



Ofschlossfest vum Bi-Fit

5. Juli 2025

Wou
Sportshal
Organisatioun
Bi-Fit asbl

De 5. Juli huet de Bi-Fit den Ofschloss vun der Saison 2024/2025 gefeiert. An dat obschonn d'Coursen nach bis dënschdes, de 15. Juli gehale ginn. Sämtlech Membere goufen invitéiert fir deen Dag derbäizesinn. Am Ganze waren ëm déi 40 Leit ugemellt. Fir d'éischt gouf vun 10 bis 11 Auer de Cours vum Fatburner, wéi üblech op engem Samschdegmoien, ugebueden. Dono gouf et Apéro. Nieft dem Gegrills, ëm dat sech zwee léif Männer gekëmmert hunn, konnt ee sech och um Zalotebuffet regaléieren. Als Dessert krut een eng Glace, een Dessert, dee jo zum Summer passt.

Bei deem gudde Wieder souzen d'Leit eng gutt Zäitchen dobausse beieneen, an et gouf vill diskutéiert a gelaacht.

An der Vakanz bidde mer, wéi déi lescht Joeren, ee reduzéierte Programm bis den 21. August un. No enger kuerzer Paus fänkt dann eis nei Saison méindes, de 15. September un.

BI-FIT asbl
Biissen

Summerfest um Wobierg 2025

Juli 2025

Wou
Crèche Margréitchen
Organisatioun
Crèche Margréitchen



Een Dag voller Natur, Musek a Gemeinschaft

Den 10. Juli 2025 hu mir, zesumme mat der Crèche beim Musekshaus, eist Summerfest um Wobierg gefeiert. Moies sinn d'Kanner aus deenen zwou Strukturen zesummen ze Fouss doropper getrëppelt. Ënnerwee gouf et eng kleng Collatioun, fir sech fir den Dag ze stäerken. Um Wobierg ukomm huet „Natur on Tour" op eis gewaart. Mat hinnen hunn d'Kanner an d'Erzéier ee flotten Dag am Bësch verbruecht, an dono och zesumme beim Feier gekacht. Um 16 Auer huet eist Summerfest ugefaangen. Et gouf eppes Guddes vum Grill, zesumme mat engem Zalotebuffet, an eppes ze drénken. Mir soen op dësem Wee nach eng Kéier e grousse Merci un eise Kach, „Natur on Tour", an natierlech och un d'Elteren, déi dës flott Manifestatioun méiglech gemaach hunn.

Summerfest vun der Crèche beim Musekshaus

Juli 2025

Wou
Wobierg
Organisatioun
Crèche Beim Musekshaus



Entdecken. Erliewen. Genéissen

En Dag voller Entdeckungen, Zesummenhalt a Freed an der Natur – dat war eist gemeinsaamt Summerfest um Wobierg, dat mir zesumme mat der Crèche Margréitchen organiséiert hunn. D'Kanner haten d'Geleeënheet, de ganzen Dag am Bësch ze verbréngen an d'Natur mat alle Sënner op spilleresch Aart a Weis z'erfuerschen. Den Dag huet domat ugefaangen, dass d'Educatricen, zesumme mat de Kanner an ënner Begleedung vum Team vun der Crèche Margréitchen, op de Wobierg getrëppelt sinn. Um Zil ukomm, gouf an engem gemittleche Moieskrees de Programm virgestallt, ier déi geplangten Aktivitéiten an der frëscher Loft ugefaangen hunn. Am Laf vum Dag hu verschidde Kanner un ënnerschiddlechen Aktivitéiten deelgeholl: E puer Kanner hu bei pädagogesche Spiller am Bësch matgemaach, wärend aner mat vill Engagement beim Preparéiere vum Mëttegiessen gehollef hunn. Si konnte Pita-Brout baken a frëscht Geméis virbereeden – eng lecker, gesond an liewensno Erfarung, déi hinne vill Freed bereet huet. A Kooperatioun mat Natur on Tour si verschidden Natur-Atelieren organiséiert ginn. Hei konnten d'Kanner d'Natur op eng spilleresch Aart a Weis kenne léieren an entdecken. Am Nomëtten hunn d'Familljen sech afonnt, fir zesumme mat hire Kanner an eis e festleche Moment ze verbréngen. Bei gudder Stëmmung, leckerem Gegrilltem an engem flotte Matenee gouf sech ausgetosch - ee schéinen Ofschloss fir Grouss a Kleng! E grousse Merci geet un all déi, déi dësen Dag esou besonnesch gemeet hunn.

BisScène 2025 goes Pop & Rock

5. Juli 2025

Wou
Frounert

Organisatioun
Kulturkommissioun, Gemeng Biissen



Den Event war e richtegen Highlight am Summer. Den Owend huet mat Esancy ugefaangen, déi vun 18.30 bis 19.30 Auer mat hire Melodië fir de perfekte Start gesuergt hunn. No hinne war Mars Approche um Programm, déi fir eng spannend Atmosphär gesuergt hunn. Heavy Patrol huet de Publikum vun 21.30 bis 22.30 Auer begeeschtert, éier Fallen Lies de Festival feierlech ofgeschloss hunn. Tëschen de Concerte gouf de Publikum mat engem DJ Programm richteg a Stëmmung versat.

Fir Iessen, Gedrénks an eng agreabel Ambiance war natierlech wéi ëmmer beschtens gesuergt. Als Highlight vum Owend hu mir de Kanner aus dem Cycle 1 an aus dem Fondamental e grousse Merci ausgeschwat fir déi schéi Lampionen, déi si extra fir dësen Event gebastelt haten.

Et war en Owend voller Musek, Freed a gudder Gesellschaft – mir freeën eis elo schonn op de BisScène 2026.



Biisser Floumaart 2025

3. August 2025

Wou
Frounert
Organisatioun
Cercle Dramatique

Gutt Affären a flott Atmosphär

Den éischte Sonndeg am August haten eng Partie Händler nees de Wee op Biissen op de Floumaart fonnt. Eng sëllege Leit konnten hei iwwert den Dag déi eng oder aner gutt Affär maachen. Fir eppes géint den Honger an den Duuscht hunn d'Membere vum Cercle Dramatique Bissen gesuergt. Déi nächst Floumäert 2026 sinn den 12. Abrëll an den 2. August.

Good deals and a great atmosphere

On the first Sunday in August, several traders found their way back to the flea market in Bissen. Some lucky people could do one or the other good purchases throughout the day. The members of the Cercle Dramatique provided the visitors with food and drinks. The next flea markets in 2026 are on April 12th and August 2nd.

Bonnes affaires et une ambiance agréable

Le premier dimanche du mois d'août, de nombreux commerçants se sont rendus au traditionnel marché aux puces de Bissen. Certains chanceux ont pu y faire de très bonnes affaires. Les membres du Cercle Dramatique se sont chargés de la logistique et ont proposé le nécessaire pour pouvoir se restaurer ou boire un verre. Les prochaines brocantes auront lieu le 12 avril et le 2 août 2026.









59. Grand Prix de la Vallée de l'Attert

31. August 2025

Wou
Sportshal
Organisatioun
DT Bissen

Starke Auftritte des DT Bissen

Am 31. August wurde in Bissen bereits zum 59. Mal dieses nationale Tischtennis Turnier ausgetragen. Mit 247 gemeldeten Spielerinnen und Spielern war das Turnier außergewöhnlich stark besetzt und übertraf damit viele andere nationale Wettbewerbe.

Auch die Gastgeber vom DT Bissen konnten sich mit erfreulichen Resultaten in Szene setzen:

- **Tina Neuman** sicherte sich den 1. Platz in der Kategorie D2/D3 (20 Teilnehme).
- **Luc Engel** erreichte den 3. Rang in der Kategorie C2/C3 (20 Teilnehmer).
- **Sven Leif** überzeugte mit dem 2. Platz in der Kategorie B3/C1
- **Alex Sinner** komplettierte das starke Ergebnis mit einem 3. Rang in derselben Kategorie (21 Teilnehmer).

Damit bewiesen die Bisser Tischtennisspielerinnen und -spieler erneut, dass sie im nationalen Vergleich sehr gut mithalten können. Für die Zuschauer vor Ort gab es spannende und hochklassige Begegnungen zu sehen – ein voller Erfolg für den Verein.





Happy Birthday un eis méi eeler Biisser !

D'Gemeng Biissen gratuléiert eisen eelere Gebuertsdagskanner! Nom Prinzip 80 Joer, 85 Joer, 90 Joer an dann no all Joer (91, 92, etc.) kréien eis Biisser häerzlech vum Schäfferot gratuléiert!

Petry Camille Mathias	85
Bourkel Victor Peter	90
Heck Henriette Anna	90
Jongmans Caecilia Antonia	90





SAVE THE DATE !

September

Just4 Fun Cup 2025
13. September 2025

SPORT

Wou – Sportshal
Org. – Volleyball Club Biissen

Europäesch Mobilitéitswoch
16. - 22. September 2025

OFFICIEL

Wou – Trëffpunkt um Maart
Org. – Gemeng Biissen



1. Dammentournoi VC Biissen
20. September 2025

SPORT

Wou – Sportshal
Org. – Volleyball Club Biissen

Kéisowend
20. September 2025

FEST

Wou – Wonerbatti
Org. – AGEP Biissen

Marche gourmande
21. September 2025

FEST

Wou — Bissen
Org. — Biisser Musek

Oktoberfest
26. September 2025

FEST

Wou — Frounert
Org. — FC Atert Bissen

Oktober

Rouchidag
4. Oktober 2025

TRADITION

Wou — Kierch/Wobierg
Org. — Rouchifrënn

Concert
5. Oktober 2025

CONCERT

Wou — Kapell
Org. — Soirées musicales

Journée commémorative
17. & 18. Oktober 2025

OFFICIEL

Wou — Frounert
Org. — Gemeng Biissen



Kürbisschnitzelatelier
18. Oktober 2025

DIVERS

Wou – Atelier
Org. – Jugendkommissioun



Festival folklorique
18.-19. Oktober 2025

FEST

Wou – Frounert
Org. – Os Amigos Do Minho

Spooky Halloween Rallye
25. Oktober 2025

RALLYE

Wou – Bonnert
Org. – Jugendkommissioun

Cabaret
25. Oktober 2025

KULTUR

Wou – Veräinshaus
Org. – Chorale Ste. Cécile Bissen

Hierschtfest
26.Oktober 2025

FEST

Wou – Frounert
Org. – Blummeveräin

Hierschtconcert
26. Oktober 2025

CONCERT

Wou – Veräinshaus
Org. – Chorale

November

Theater
7., 8., 14. & 15. November 2025

THEATER

Wou – Veräinshaus
Org. – Cercle dramatique

Séance académique
8. November 2025

DIVERS

Wou – Wonerbatti
Org. – Blummeveräin

Kids Fun Cup
9. November 2025

SPORT

Wou – Sportshal
Org. – KKB Klammklub Bissen



Videoevent
15. November 2025

KULTUR

Wou – Frounert
Org. – SweetSpot

Monatsversammlung
16. November 2025

DIVERS

Wou – Veräinshaus
Org. – Blummeveräin

Cäciliemass
22.11.

CULTE / FEST

Org. – Biisser Musek &
Chorale Ste. Cécile Bissen

Chrëschtmaart
28. & 29. November 2025

TRADITION

Wou – Frounert
Org. – Eventkommissioun



Dezember

Fest vum 3. Alter
7. Dezember 2025

FEST

Wou – Frounert
Org. – 3. Alterskommissioun

Chrëschtfeier
7. Dezember 2025

FEST

Wou – Frounert
Org. – Os Amigos Do Minho

Tournoi Indoor Atert Cup
12. - 15. Dezember 2025

SPORT

Wou – Sportshal
Org. – FC Atert Jugend



Chrëschtconcert
14. Dezember 2025

CONCERT

Wou – Veräinshaus
Org. – Chorale Ste. Cécile Bissen

X-Mas-Apéro
24. Dezember 2025

FEST

Wou – Buvette, Sportshal
Org. – FC Atert Bissen

BI-FIT asbl
Biissen

Sportprogramm 25/26

Wou:

Sportshal Biissen
1, rue des Sports L-7795 Biissen

Kontakt:

Josiane Kiefer
Telefon 621356726
josiane.kiefer@education.lu
bi-fitasblbissen@clubee.club

Präisser/Saison:
(15.09.25 - 15.07.26)

1 Cours / Woch	140€
2 Coursen / Woch	280€
3 Coursen / Woch	400€
4 Coursen / Woch	530€
5 Coursen / Woch	650€

D'Studente kréien
et 10% méi bëlleg.

D'Course fänke méindes,
de 15. September 2025 un.
Déi éischt Woch ass eng
Schnupperwoch.
Do sinn d'Course gratis.
Aschreiwe kënnt Dir iech
dono op der Plaz.

Weider Infoen iwwer
www.bidatu.lu

D'Course sinn alleguerte
mixte a fir all Alter (16+)

Méindeg

09.00 – 10.00
Fit an d'Woch
Balance a Body-shape douce
mam Fraenz

19.00 – 20.00
Fatburner / Intervallturnen 1
mam Steffi

20.15 – 21.15
Fatburner / Intervallturnen 2
mam Steffi



Dënschdeg

09.00 – 10.00
Kraafttraining
mam Steffi


10.10 – 11.10
Power a Stretch
mam Steffi

18.00 – 19.00
Kraafttraining
mam Steffi



Mëttwoch

19.30 – 20.30
Bodyshape
mam Fraenz



Donneschdeg

09.00 – 10.00
Kraafttraining
mam Steffi

10.10 – 11.10
Pilates
mam Steffi

18.00 – 19.00
Body Pump
mam Steffi

19.30 – 20.30
Stretching a Gymnastique douce
mam Fraenz




Freideg

09.00 – 10.00
Bodyshape douce mat Réckefit
mam Fraenz



Samschdeg

09.30 – 10.30
All in the Mix
mam Steffi
(Fatburner, Kraaft, Pilates)



JOURNÉE Commémorative

TRAUER A FREED, ERËNNEREN A FEIEREN – HAND AN HAND!

SAMSCHDES, 18. OKTOBER 2025

18h00
Vernissage vun der Ausstellung am Frounert mat Concert vum Manuela Mousel (Sing Jazz Duo) an Éirewäin offréiert vun der Gemeng

19h00
Filmvirféierung "D'lerzenzopp ass gutt", produzéiert vum Fred Mersch a Paul Kohn, mat Commentairen zum Film vum Dréibuchauteur Erny Kohn

SONNDEN, 19. OKTOBER 2025

09h45
Cortège mat de Veräiner, Porte-Drapeaux,
Tour mat der Päerdskutsch an US Gefierer vun der QUADRIGA asbl

10h30
Mass an Nidderleeë vun enger Gerbe beim "Monument aux Morts"

11h15 – Zeréck an de Frounert
Usprooch vum Buergermeeschter David Viaggi,
Lëtzebuergesch an Amerikanesch Hymnen gespillt a gesonge
vun der Biisser Musek a Chorale, "Ons Jongen" vun der Biisser Chorale

11h30
"E Patt an e Maufel op eis Biisser Jongen a Meedercher" offréiert vun der Gemeng

12h00 – 16h00
Fräiheetsfeier mat Ausstellung vun US Gefierer, Jeeptouren duerch d'Duerf
mat der QUADRIGA asbl a "Marching" Concert vun der Biisser Musek um 15h00

ORGANISATIOUN


BisC(h)ool
D'BIISSER SCHOULFOIRE
25. Oktober 2025
vun 9-12 Auer
am Wonerbatti
Gemeng Biissen
elisabeth enfance
NOHËLLEFSCHOUL
OP DE GAAS !
Erzéiungs- a Familljeberodung
AFP-Solidarité-Famille a.s.b.l.
FONDATION
ZEV
Zenter fir exzessiivt Verhalen a Verhalenssucht
KJT.lu
PRO FAMILIA


BIISSER
CHRËSCHTMAART
2025
Gemeng Biissen
den 28. & 29. November 2025
FROUNERT
BIISSEN
organiséiert vun der Biisser Eventkommissioun zesumme mat de Biisser Veräiner an Aussteller.


ACHETEZ LOCAL !
Chers commerçants ! Participez et attirez de nouveaux clients locaux !
BIISSER
ADVENTSKALENNER
Gemeng Biissen
Participez à notre calendrier de l'Avent en offrant un petit cadeau ou bon d'achat ! C'est une belle occasion de mettre en avant vos produits, de vous rendre visible auprès des habitants et d'attirer de nouveaux clients directement dans vos commerces. Ensemble, faisons vivre la magie de Noël au cœur de notre village !
Vous êtes intéressé(e)s ? Contactez-nous par e-mail à com@bissen.lu !

Administratioun & Servicer

Entdéckt d'Biisser Natur

Einfach a familiär Spadséierweeër, déi zur Entspanung an der Natur alueden.

Déi pittoresk Bëscher a Weiere vu Biissen waarden op Iech. D'Wanderweeër ronderëm eis Gemeng besti gréisstendeels aus stabiliséierten Oofschnëtter a Kräsiweeër. Mat wéineg Obstakelen sinn sie vereenzelt och mat Kannerbuggy gutt zougänglech.

Laanscht d'Parcoursen invitéiere vill Bänken zu klenge Pausen. Déi räich Natur – Villercher, Kaweechelcher, … an déi berouegend gréng Landschaft – begleet Iech op Ärem Trëppeltour. Ofhängeg vum Wee fënnt een um Enn eng Spillplaz an e Picnicberäich, perfekt fir e gemittlechen Ausfluch mat der Famill tëschent Entdeckung an Entspanung.

Quellen: Visitguttland.lu / Geoportail, Fotoen: Armand Wantz




Confort-Wanderwee Biissen


Guttlandtrail Biisser Weier



Confort-Wanderwee Biissen

- **Startpunkt**
  Parkplaz / Spillplaz "Bei der Bonnert"
- **Zilpunkt**
  Parkplatz / Spillplaz "Bei der Bonnert"
- **Streckelängt**
  3,08 km
- **Dauer**
  ~ 1:00 Stonn
- **Schwieregkeet**
  Liicht
- **Héchste / Niddregste Punkt**
  342 Hm / 291 Hm
- **Bierg op / Bierg of**
  52 Hm / 52 Hm





Guttland.Trail Biisser Weier

- **Startpunkt**
  Spillplaz, rue de la chapelle, Biissen
- **Zilpunkt**
  Spillplaz, rue de la chapelle, Biissen
- **Streckelängt**
  8,65 km
- **Dauer**
  ~ 2:20 Stonnen
- **Schwieregkeet**
  Liicht
- **Héchste / Niddregste Punkt**
  343 Hm / 272 Hm
- **Bierg op / Bierg of**
  150 Hm / 150 Hm



Gewënnspill: Fannt déi 5 Feeler





Foto: Armand Wantz

Vergläicht déi zwou Fotoen a fannt déi 5 Feeler déi sech um ënneschte Bild ageschlach hunn.

Gewannt mat Chance e Bong am Wäert vu 50€ fir am neie Cyclo Croc' Biissen e flotte Moment ze verbréngen. Verpasst net dës Chance a schéckt eis Är Foto mat der Léisung bis den 1. November 2025 per E-Mail un klautjen@bissen.lu.

Bonne Chance!

Mir gratuléieren och der Madame Fernande Graas, der Gewënnerin vum leschte Kräizwuerträtsel! Elo kann si hiren Auto bei Washtime fit fir de Wanter maache loossen.

CYCLO CROC' BIISSEN
BY BIESCHBECHER ATELIER

GEWANNT E BONG AM WÄERT VU

50,00 €


WWW.CYCLOCROC.LU



fixit!
Flécken. Léinen. Notzen.



Mat Secondhand Vëloe fiert et sech grad esou gutt



Spillsaachen a Kannergezei léiwer deelen ewéi entsuergen

Praktische Tips für eine bessere Nutzung von Ressourcen

Die nachhaltige Nutzung der Ressourcen im Sinne der Kreislaufwirtschaft ist von entscheidender Bedeutung aus der Sicht des Umwelt- und Klimaschutzes und somit für eine ökologische Transition unserer Gesellschaft. Das Recht auf Reparatur von Geräten (repair), eine Secondhand-Nutzung (reuse) sowie das Teilen (share) von Produkten sind wichtige Elemente auf dem Weg dorthin. Nicht zuletzt helfen derartige Maßnahmen auch regionalen Betrieben im Handwerk- und Dienstleistungssektor. Parallel können soziale Initiativen in diesem Rahmen unterstützt werden.

Mit diesem Schreiben möchten der Mouvement Ecologique und das Oekozenter Pafendall Ihre Aufmerksamkeit auf die Informationskampagne „fixit! Flécken.Léinen.Notzen“ lenken, welche im Rahmen des Projektes „Rethink“ stattfindet und vom Ministerium für Umwelt, Klima und Biodiversität finanziell unterstützt wird. Ziel dieser Informationskampagne ist es, über eine spezifische Internetseite (www.meco.lu/fixit & www.oekozenter.lu/fixit) sowie über Print- und soziale Medien Interessierten sehr konkrete Informationen zum Thema Repair, ReUse, Share anzubieten.

Sie finden hier praxisorientierte und aktuelle Informationen, z.B. Adressen zum „Secondhand“-Einkauf, Informationen zu Reparaturanleitungen, Hintergrundwissen zum Recht auf Reparatur usw.

Zudem senden wir Ihnen regelmäßig Anzeigen mit einem aktuellen Tipp zu, die Sie ohne Aufwand Ihrerseits im „Gemengebuet“ veröffentlichen können. Sie finden anbei direkt 2 derartige potenzielle Informationen für Ihren Bued, dies in diversen Formaten. Es ist Ihnen selbstverständlich frei gestellt, ob Sie diese gemeinsam veröffentlichen oder zeitlich versetzt. Falls Sie an einer anderen Aufbereitung oder Informationen interessiert sind, dann teilen Sie uns dies bitte mit: marc.krier@oeko.lu

Wir würden uns freuen, wenn Sie diese Kampagne unterstützen könnten – indem Sie diese in ihrem „Gemengebuet“, auf ihrer Webseite oder sozialen Medien veröffentlichen würden und danken Ihnen

mouvement écologique

oekozenter pafendall

Spuert och Dir Ressourcen!

Serie vum Mouvement Ecologique an dem Oekozenter Pafendall

Mat Second-hand Vëloe

fiert et sech grad esou gutt



fixit!

FLÉCKEN . LÉINEN . NOTZEN

An de leschte Joren ass et an Europa zu engem richtege Vëlo-Boom komm: ëmmer méi Leit setzen op dëst praktescht, gesond a klimaffrëndlecht Gefier.

Domat ass och en dynamesche Secondhand-Marché entstanen, wou ee qualitativ gutt Vëloen zu engem gënschtege Präis fanne kann. Eng flott Alternativ fir all déi, déi op nohalteg Mobilitéit setzen.

Um Site vun der Aktioun fannt Dir eng Lëscht vun Initiativen déi Vëlo- en aus zweeter Hand ubidden an nach ganz vill aner Tipps ronderëm „Repair, ReUse, Share“. **Kuckt eran!**

meco.lu/fixit & oekozenter.lu/fixit

mouvement écologique

oekozenter pafendall

Mat der Ënnerstëtzung vum:

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat et de la Biodiversité

Find us on



Finanziell Ënnerstëtzung fir d'Accessibilitéit vun Ärem Gebai



Domat all Matbierger vun eiser Gesellschaft déiselwecht Méiglechkeeten huet sech am sozialen Alldag ze bedeelegen, trëtt am 1te Januar 2031 een neit Gesetz a Kraaft. Am Kader vun enger méi inklusiver Gesellschaft sollen nämlech ëffentlech zougänglech Gebaier, wei zum Beispill Gemengegebaier, Betriber, oder kollektiv Residenzen, fir physesch ageschränkte Leit accessibel gemaach ginn.

Domat dës Ännerunge beschtméiglech kënnen ëmgesat ginn, offréiert de Ministère de la Famille, des Solidarités, du Vivre ensemble et de l'Accueil eng finanziell Ënnerstëtzung. Déi Hëllef ka genotzt gi fir Baukäschten, Berodung oder aneres.

Ufroe kënnt Dir dës Hëllef bis den 1te Juli 2028 iwwer myGuichet.lu.

Méi Informatiounen zu der finanzieller Ënnerstëtzung fannt Dir ënner accessibilite.lu.

Méi Informatiounen / Plus d'informations :

Méi Informatiounen zu der finanzieller Ënnerstëtzung fannt Dir ënner accessibilite.lu.

Pour plus d'informations sur le soutien financier, rendez-vous sur accessibilite.lu.

Aide financière pour l'accessibilité de votre bâtiment

Afin que tous les citoyens de notre société aient les mêmes possibilités de participer à la vie sociale quotidienne, une nouvelle loi entrera en vigueur le 1er janvier 2031. Dans le cadre d'une société plus inclusive, les bâtiments accessibles au public, tels que les bâtiments communaux, les entreprises ou les résidences collectives, devront être rendus accessibles aux personnes à mobilité réduite.

Pour permettre la mise en œuvre optimale de ces changements, le Ministère de la Famille, des Solidarités, du Vivre ensemble et de l'Accueil propose un soutien financier. Cette aide peut être utilisée pour les frais de construction, des conseils ou autres.

Les demandes peuvent être soumises jusqu'au 1er juillet 2028 via myGuichet.lu.

Pour plus d'informations sur le soutien financier, rendez-vous sur accessibilite.lu.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse



Entdeckt de Weste vum Land

Foto: Anne Lommel

Hues du dir schonn ëmmer eng faszinéierend Entdeckungstour duerch d'Natur a Geschicht vun eiser wonnerschéiner Regioun gewënscht? Dann ass de Projet **„Entdeck de Westen"** genau dat Richtegt fir dech an d'Welt vum Entdecken an Aventuren z'entféieren! Wéi den Numm et scho verréit, ass dëst eng Initiativ fir all Famill, déi mat klengen oder groussen Entdecker zu Fouss oder mam Vëlo spannend Plazen an de LEADER Regiounen Zentrum Westen (fréier Lëtzebuerg West) a Méllerdall z'entdecken.

An dësem Projet, deen am Kader vum LEADER Programm realiséiert gouf, kritt dir net just déi gewéinlech Touren, mee eng interaktiv a wonnerschéi Rees ugebueden! An der LEADER Regioun Zentrum Westen kritt ee **7 fantastesch Touren** ze entdecken, wärend et an der LEADER Regioun Méllerdall **insgesamt 13 weider super flott Tier** ginn – all eenzegaarteg a mat enger gudder Mëschung aus Geschicht, Natur a spannende Geschichten!

Entdecker ginn zesumme mam Mia & Emil

Dir fänkt un déi faszinéierend Welt vum **Mia an Emil** ze begéinen – zwee Kanner, déi eng Aventure no där anerer erlieft hunn. Awer wat d'Saach esou richteg spannend mëcht, ass d'Aart a Weis, wéi dir un dëse Geschichten deelhuelt: D'App **Actionbound** begleet iech bei verschiddenen Tier. Ënnerwee erwaart iech op all Statioun eng nei Fro, Aktivitéit a mysteriéis Aufgab, déi iech d'Geheimnis vun der Natur an der Geschicht méi no bréngen. Ob beim **Ris vu Koler**, dem granzege **Viraarbechter Pir zu Stengefort** oder awer beim **verzauberten Däiwelche vum *Juckelsbësch* zu Mamer** gëllt et, clever ze sinn, fir déi Rätsel ze knacken!

Zesumme mat den ORTen Guttland & Méllerdall an dem Luxembourg for Tourism gouf intensiv doru geschafft, fir iech dës wonnerbar Erfarung ze erméiglechen! D'Geschichte vum Mia & Emil an hir Entdeckungstoure sinn alleguer fräi um Internet zougänglech! An dëst op Lëtzebuergesch, Däitsch, Franséisch, Englesch & Hollännesch.

Einfach de QR-Code scannen oder direkt um Site (www.visitguttland.lu & www.visitluxembourg.lu) erofluede an da fänkt d'Rees mat der enger oder aner neier Entdeckung och schonn un.

LEADER Zentrum Westen

1, rue de l'Eglise, L-7481 Tuntange

Telefon: (+352) 26 61 06 80
E-Mail: zentrumwesten@leader.lu

www.leader.lu

LEADER ZENTRUM WESTEN

Vivaces sauvages
et mélanges de semences
pour le Luxembourg
issues de cultures régionales,
certifiées

C'est à nouveau le moment de semer et de planter ! Optez dès maintenant pour un mélange LUX ou des vivaces LUX adaptés à votre jardin.

Wëllplanzesom Lëtzebuerg


Wëllplanzesom Lëtzebuerg Stauden

Des prés fleuris pour plus de biodiversité

Dans l'actuelle crise de la biodiversité, l'aménagement de prés fleuris contribue à soutenir la diversité de nos insectes en offrant nourriture et habitats à de nombreuses espèces. Cependant, les mélanges de semences disponibles sur le marché ne sont pas tous adaptés à cet effet ! Le SICONA recommande d'opter pour un mélange de semences de haute qualité, composé de plantes sauvages issues de cultures régionales, certifiées de *Wëllplanzesom Lëtzebuerg*.

Où trouver les mélanges LUX ?

Pour les surfaces dans le milieu urbain, les quatre mélanges suivants sont disponibles:



- **LUX-Blumenwiese (fr. prairie fleurie)**
- **LUX-Blühender Schotterrasen (fr. pelouse fleurie en gravier)**
- **LUX-Bunter Saum & Schmetterlingspflanzen (fr. bande fleurie pour papillons)**
- **LUX-Fugenmischung (fr. joints fleuris)**

Points de vente dans votre région :

Bertrange, a.c.i.e.r. Luxembourg & co-labor
Colmar-Berg, De Verband V Shop
Dippach, Mon Jardin
Dudelange, Fondation Kräizbierg
Ingeldorf, Barenbrug Luxembourg
Roeser, Haus vun der Natur
Livange, De Verband V Shop
Olm, SICONA
Redange/Attert, Op der Schock & Maison de l'eau
Steinsel, Bamschoul Becker
Tuntange, Paysages & Pépinière WAGENER-KOX
Useldange, Tourist Info Wëlle Westen


Parterres de plantes vivaces sauvages

Tout comme les prairies fleuries, les plantes vivaces sauvages locales et pluriannuelles font le bonheur des humains, des insectes et de nombreux autres animaux! Vous aimeriez, vous aussi, profiter de l'agitation joyeuse des insectes et des oiseaux, ainsi que de la floraison multicolore des plantes sauvages dans votre jardin ? Alors les nouvelles vivaces de *Wëllplanzesom Lëtzebuerg* devraient absolument trouver leur place dans vos parterres et vos bacs. Les prairies fleuries peuvent elles aussi bénéficier de l'ajout de plantes vivaces sauvages.

Où trouver les plantes vivaces LUX ?

Les plantes vivaces LUX sont disponibles auprès des partenaires suivants:

NOUVEAU
cette année !



Vous trouvez d'autres points de vente et de nombreuses informations supplémentaires sur *Wëllplanzesom Lëtzebuerg* sur : www.wellplanzen.lu

SICONA Naturschutzsyndikat

**Naturschutzsyndikat SICONA
12, rue de Capellen L-8393 Olm
T : (+352) 26 30 36 25
E : administration@sicona.lu
www.sicona.lu**

Wëllplanzesom Lëtzebuerg est financé par le ministère de l'Environnement, du Climat et de la Biodiversité et coordonné par le Syndicat intercommunal pour la conservation de la nature SICONA.



Einführung Obstbaumschnitt
für Landschaftspfleger

Der gezielte **Schutz, der Erhalt und die Pflege von Obstbäumen** ist eine wichtige Aufgabe des Naturschutzes, um ihrem Schwinden in unserer Kulturlandschaft entgegen zu wirken. Neben dem **Nutzen des Obstes**, hängt von den „Bongerten“ das **Überleben vieler Tierarten** ab. Sie sind Teil unserer Biodiversität.

Ungepflegte Obstbäume fruchten nur wenig, leiden unter mangelndem Licht, riskieren auseinander zu brechen, sind anfälliger für Krankheiten, bringen wenig Ertrag und niedrige Qualität. Mit einem **fachgerechten Schnitt** bleiben sie gesund und werden vor dem Absterben bewahrt.

Deshalb organisiert das Naturschutzsyndikat SICONA in Zusammenarbeit mit der **deutschen Obstbaumschnittschule** einen **dreitägigen Obstbaumschnittkurs für interessierte Landschaftspfleger** des öffentlichen oder privaten Dienstes.

Wann:	**11. – 13.02.2026**
Wo:	**12, rue de Capellen L-8393 Olm**
Sprache:	**Deutsch**
Anmeldegebühr:	**400 € pP**

Für Essen und Trinken ist während des Tages gesorgt.

Anmeldungen per E-Mail an: administration@sicona.lu

Das Naturschutzsyndikat SICONA besteht aus 43 Mitgliedsgemeinden im Südwesten und Zentrum Luxemburgs. Ziel ist die Erhaltung der heimischen Artenvielfalt und der naturnahen Lebensräume. Neben Landschaftspflegearbeiten ist die Wiederherstellung von Lebensräumen ein Schwerpunkt der Arbeit von SICONA.

12, rue de Capellen L-8393 Olm - T: 26 30 36 25 - E: administration@sicona.lu – sicona.lu

Die Obstbaumschnittschule ist eine überregional tätige Ausbildungsstätte im Bereich des naturgemäßen Obstbaumschnitts. Anfänger wie auch Profis erhalten Wissen und Fertigkeiten, um Obstbäume gesund und ertragreich zu halten. Durch praxisorientierte Kurse, umfassende Seminare und erfahrene Ausbilder bietet die Obstbaumschnittschule fundierte Ausbildungen, die auf nachhaltige und schonende Methoden setzen.

E: info@obstbaumschule.de – obstbaumschule.de



Fills de dech eleng oder traureg?

Hues de ze vill Stress?



Tu te sens triste ou stressé ?

Ruff eis un!
116 111

Appelle-nous!
116 111

Le KJT et ses services

Kanner-Jugendtelefon

Conseils anonymes et informations pour les enfants et les adolescents
Numéro gratuit: 1 1 6 1 1 1

KJT | Kanner-Jugendtelefon

Online Help

Conseil en ligne via www.kjt.lu
Depuis 2015, ce service est proposé en anglais aux enfants, adolescents et parents

KJT | Online Help

Elterentelefon

Conseils et informations pour parents, grands-parents et professionnels
Accessible en anglais, le lundi de 18h à 20h
Numéro gratuit: 8002 4444

KJT | Elterentelefon

Chatberodung

Chat en direct pour enfants et adolescents par des adolescents via www.kjt.lu

KJT | Chatberodung

BEE SECURE Helpline

Conseils et orientations pour une utilisation sûre des médias digitaux par téléphone au 8002 1234 ou online

BEE SECURE HELPLINE Tél: 8002 1234

Un service de Caritas Jeunes et Familles
en association avec Kannerschlass, Croix-Rouge et la Ligue Médico-Sociale sous la convention du ministère de l'éducation, de l'enfance et de la jeunesse.

PRÉVENTION CONTRE LE VOL DANS LES VÉHICULES

POLICE LËTZEBUERG

Depuis quelques mois, la Police constate une augmentation du nombre de vols dans des véhicules stationnés à des endroits isolés ou peu fréquentés.

PRENEZ VOS PRÉCAUTIONS :

- Ne laissez pas d'objets de valeur à l'intérieur du véhicule !
- Fermez toujours soigneusement les portières, les fenêtres et le toit ouvrant !
- Informez la Police de toute observation de personnages ou véhicules suspects !



Dessin réalisé par Magali Speicher, élève de la 2e CE au Lycée de Garçons Esch

WWW.POLICE.LU

ZESUMME FIR IECH

LE CHEMIN DE L'ÉCOLE EN TOUTE SÉCURITÉ

POLICE LËTZEBUERG

GAUCHE, DROITE, GAUCHE ...

- Je marche toujours du côté sûr du trottoir, loin des voitures.
- Je traverse la rue au passage pour piétons en veillant aux feux de circulation : rouge je dois m'arrêter, vert je peux marcher mais je reste attentif. S'il n'y a pas de feux de circulation, je regarde à gauche, à droite et encore une fois à gauche avant de traverser la rue.
- S'il n'y a pas de passage pour piétons, j'attends au bord de la chaussée dans un endroit où je vois bien la chaussée et où les automobilistes m'aperçoivent également. Ensuite gauche, droite, gauche...



LES PARENTS DONNENT L'EXEMPLE !

- Expliquez à votre/vos enfant(s) les règles élémentaires de la circulation.
- Sensibilisez votre/vos enfant(s) aux dangers de la route.
- Parcourez plusieurs fois le chemin de l'école ensemble.
- Respectez vous-même les règles du Code de la route : ne stationnez pas sur les passages pour piétons ou sur le trottoir.
- Faites en sorte que votre enfant monte et descende toujours de la voiture du côté du trottoir.

JE SUIS VISIBLE !

Pour que les automobilistes m'aperçoivent plus facilement dans le noir, je porte :

- des vêtements clairs,
- des bandes réfléchissantes sur mes vêtements et sur mon cartable,
- un gilet de sécurité.

CEINTURE DE SÉCURITÉ ET SIÈGE POUR ENFANTS !

Même pour des trajets courts !

- En voiture, il faut toujours être attaché, soit avec la ceinture, soit dans le siège pour enfants.
- Un enfant âgé entre 3 et 17 ans accomplis dont la taille n'atteint pas 150 cm, doit prendre place dans un siège pour enfants ou un rehausseur qui correspond à sa taille et son poids.

Vigilance accrue lors de la rentrée des classes

Surtout les enfants plus jeunes ne se rendent pas encore compte des dangers de la route et sont moins visibles à cause de leur petite taille. S'y ajoute une certaine agitation lors de la rentrée scolaire qui peut leur faire oublier les règles élémentaires de la circulation. Une attention particulière est donc requise de la part de tous les usagers de la route :

- Soyez attentif et faites attention aux enfants.
- Adaptez votre vitesse aux abords des écoles.

WWW.POLICE.LU © Police Lëtzebuerg - 20.07.2022 ZESUMME FIR IECH

DER SICHERE SCHULWEG

POLICE LËTZEBUERG

LINKS, RECHTS, LINKS...

- Ich gehe immer auf der sicheren Seite des Bürgersteigs, weit weg von der Straße.
- Ich überquere die Straße am Fußgängerstreifen: bei Rot bleibe ich stehen, bei Grün darf ich gehen, doch trotzdem bleibe ich achtsam. Sind keine Ampeln vorhanden, schaue ich nach links, nach rechts und nochmal nach links bevor ich die Straße überquere.
- Ist kein Fußgängerstreifen vorhanden, bleibe ich dort stehen, wo die Straße überschaubar ist und die Autofahrer mich sehen können. Danach links, rechts, links...



ELTERN GEHEN MIT GUTEM BEISPIEL VORAN!

- Erklären Sie Ihren Kindern die wesentlichen Verkehrsregeln.
- Machen Sie Ihre Kinder auf die Gefahren der Straße aufmerksam.
- Gehen Sie den Schulweg mehrmals gemeinsam ab.
- Beachten auch Sie die Verkehrsregeln: halten Sie nicht mit dem Wagen auf dem Fußgängerstreifen oder auf dem Bürgersteig!
- Lassen Sie Ihr Kind nur zur Seite des Bürgersteigs aus dem Auto ein- und aussteigen.

ICH BIN SICHTBAR!

Damit mich die Autofahrer im Dunkeln besser sehen,

- trage ich helle Kleidung,
- klebe ich reflektierende Bänder auf meine Kleidung und auf meine Schultasche,
- ziehe ich eine Sicherheitsweste über.

SICHERHEITSGURT UND KINDERSITZ!

Auch für die kurzen Fahrten!

- Im Auto muss man immer angeschnallt sein, entweder mit dem Gurt oder im Kindersitz.
- Ein 3- bis 17-jähriges Kind, welches noch keine 150 cm groß ist, muss in einem für seine Größe und seinem Gewicht entsprechenden Kindersitz oder einer Sitzerhöhung Platz nehmen.

Erhöhte Vorsicht zum Schulanfang

Vor allem Kleinkinder kennen die Gefahren im Straßenverkehr nicht und sind aufgrund ihrer Größe weniger sichtbar für den Autofahrer. Zudem können sie zum Schulanfang aufgeregt sein und daher die wesentlichen Verkehrsregeln vergessen. Zusätzliche Vorsicht ist daher seitens aller Verkehrsteilnehmer gefragt:

- Seien Sie achtsam und passen Sie auf Kleinkinder auf.
- Passen Sie Ihre Geschwindigkeit in der Nähe von Schulen an.

WWW.POLICE.LU © Police Lëtzebuerg - 20.07.2022 ZESUMME FIR IECH

REGELN FÜR KINDER
RÈGLES POUR ENFANTS
RULES FOR CHILDREN

POLICE LËTZEBUERG

Liebe Kinder,
Wisst ihr, worauf ihr in der Nähe von Straßen aufpassen müsst?
Hier findet ihr die wichtigsten Regeln.

Chers enfants,
Est-ce-que vous savez à quoi vous devez faire attention près des routes?
Voici les règles les plus importantes.

Dear children,
Do you know what you need to do when you are next to a street?
These are the most important rules.



Ich bringe mich nicht in Gefahr.

J'évite des situations dangereuses.

I avoid dangerous situations.



Auch auf dem Bürgersteig bin ich vorsichtig.

Aussi sur le trottoir, je fais attention.

I always pay attention – also on the sidewalk.

REGELN FÜR KINDER
RÈGLES POUR ENFANTS
RULES FOR CHILDREN

POLICE LËTZEBUERG



Ich schaue nach links, rechts, und nochmal nach links bevor ich eine Straße überquere.

Je regarde à gauche, à droite, et encore une fois à gauche avant de traverser une route.

I check the left, right, and again the left side of the road before crossing it.



Ich überquere die Straße nur auf dem Fußgängerstreifen und wenn die Ampel grün zeigt.

Je traverse la route uniquement au passage pour piétons et lorsque les feux sont verts.

I only cross the road on a crosswalk and when the traffic lights are green.



Wenn es dunkel ist, trage ich helle oder bunte Kleidung, damit man mich sieht.

Lorsqu'il fait nuit, je porte des vêtements clairs et colorés pour qu'on me voie.

In darkness, I wear bright and colourful clothes, so that others can see me.

WWW.POLICE.LU
ZESUMME FIR IECH

Nei Gesiichter op der Gemeng



Lili Martinez

Ech sinn d'Lili Martinez, wunnen zu Dol, a si säit dem 15. Juli 2025 als Agent des Relations Publiques an der Biisser Gemeng täteg. Frësch vun der Uni, wou ech „International Business Communication" studéiert hunn, hëllefen ech elo bei der Verwierklichung vu Projeten, esou wéi an der Kommunikatioun mam Public.

D'Motivatioun hei op der Gemeng ze schaffen ass grouss. Meng Famill staamt vu Biissen an ech hu schonn ëmmer vill Zäit hei an der Gemeng verbruecht. Et ass mir immens wichteg, d'Zesummeliewen ënnert de Bierger ze förderen a mäin Effort op eng aussergewéinlech Kultur a Familiaritéit zu Biissen ze leeën, fir dass dëst speziellt a modernt Ëmfeld sou eenzegaarteg bleift wéi et ass.

A menger Fräizäit verbréngen ech gären Zäit mat menger Famill a Frënn. Mee ech intresséiere mech och fir d'Liesen an d'Fotografie, hei zemools Landschaftsfotoen, déi ech op menge Reese maachen. Da sinn ech och aktiv an der Jeunesse vun Dol.



Jasmin Karisik

Mäin Numm ass Jasmin Karisik, genannt ginn ech Jasko, a säit Ënn 2019 wunnen ech zu Biissen. Gebierteg sinn ech aus dem Kosovo, mee meng Famill ass Enn 90er Joren op Lëtzebuerg komm. Zanter dem 1. Mee 2025 schaffen ech zu Biissen am Service Conciergerie et Événementiel. Meng Aufgabe si villfälteg: ech hëllefe bei Preparatioune vun Eventer a Fester, zäiteweis sinn ech och do fir Gemengegebaier an der Rei ze halen an dann hëllefen ech och mol beim Méinen a beim Schneide vun den Hecken. Virdrun hunn ech zu Gréiwemaacher beim Waasser SyndiKat (SIDEST) geschafft. Meng Motivatioun hei zu Biissen ze schaffen ass grouss. Ënner anerem, well ech hei wunnen a mäi Liewe sech hei ofspillt a meng Kanner hei an d'Schoul ginn. Zum aneren awer och, well ech dozou bäidroe wëll, dass eis Gemeng sech weider positiv entwéckelt – fir eis Kanner a fir eis Bierger.

A menger Fräizäit hunn ech ëmmer gäre Kampfsport gemaach, mee mëttlerweil als Papp vun 3 Kanner hunn ech vill manner Zäit. Trotzdeem ginn ech nach ëmmer gäre mol een Tour lafen oder bis an de Fitness. Och mat menger Famill verbréngen ech gären Zäit.



Sabrina Pandin

Ech sinn d'Sabrina Pandin, wunnen zu Useldeng, an ech schaffe säit dem 1. Juli 2025 an der Recette op der Biisser Gemeng. Do këmmeren ech mech de Moment ëm d'Gestioun vun de Poubellen an dem Sperrmüll, d'Ausstelle vun de Rechnungen an d'Erfaassung vun deenen neie Waassercompteuren am System.

Virdrun hunn ech laang am Guichet bei der Post geschafft, an dono war ech zu Feelen op der Gemeng am Biergercenter täteg. No 7 Joer am Biergercenter an 12 Joer um Guichet war et fir mech un der Zäit fir eng méi „gereegelt" a manner „hektesch" Aarbecht. Ech hat schonn e bëssen Erfarung am Service Recette, an doduerch konnt ech mer virstellen, wat hei zu Biissen op mech duerkomme géif an dorop hat ech mech gefreet. Wat mech zousätzlech motivéiert huet, op Biissen schaffen ze kommen, ass de Fait, dass ech mam Vëlo (iwwert d'Vëlospist) komme kann.

Meng Fräizäit verbréngen ech gären an der Natur, gi mat mengen Hënn trëpplen a fueren och gäre Vëlo. Wat awer eng ganz, ganz wichteg Roll a mengem Liewe spillt, ass d'Musek – a sämtlechen Aspekter: ech lauschteren, sangen a musizéieren och selwer mat vill Freed. De soziale Kontakt zu Leit an d'Liesen dierfen a menger Fräizäit och net feelen.



Alain De Lorenzi

Ech sinn den Alain de Lorenzi, gebierteg vu Schëffleng, an ech schaffe säit dem 1. Mee 2025 op der Biisser Gemeng am Service Technique. No der Uni war ech laang am Bausecteur aktiv, wou ech vill Erfarungen am Renovatiounsberäich konnt sammelen. Viru kuerzem sinn ech op Bruch geplënnert. Wéi ech gesinn hunn, dass d'Gemeng Biissen een Techniker sicht, hunn ech déi Chance genotzt. Meng Aufgabe sinn, mech ëm d'Gebaier souwéi de Klima- an Naturpakt ze këmmeren.

Ech freeë mech op meng Zukunft hei op der Gemeng, well dës Aarbecht fir mech eng positiv Erausfuerderung ass, a well se sou villsäiteg ass. Ech sinn iwwerzeegt, dass ech wäert reegelméisseg bäiléieren an der Zäit, wou ech hei schaffen, an am Kader vum Klima an der Natur maachen ech eppes Guddes fir d'Ëmwelt a meng Matmënschen.

A menger Fräizäit verbréngen ech gäre sou vill Zäit wéi méiglech mat menger Famill an entdecke gären nei Hobbyen, zesumme mat menge Kanner.



Nuno Cardoso

Mäin Numm ass Nuno Cardoso, ech sinn e gebiertege Biisser, deen nach ëmmer an dësem schéinen Duerf wunnt. Säit dem 1. Juli 2025 schaffen ech am Service Conciergerie et Événementiel vum Atelier. Virdru war ech eng länger Zäit zu Dikrech am Motor Center täteg, wou meng Haaptaufgab am Beräich Carrosserie louch.

Ech si motivéiert, zu Bissen ze schaffen, a menger lokaler Gemeinschaft a menge Matbierger bei der Weiderentwécklung vum Duerf ze hëllefen.

A menger Fräizäit verbréngen ech gäre vill Zäit mat menger Famill. Am Fussball sinn ech och ganz aktiv: Beim FC Atert Bissen ënnerstëtzen ech als Trainer d'Jugendekippen.



Kevin John

Mäin Numm ass Kevin John, ech si gebierteg hei vu Biissen, wunne momentan awer zu Kietscht, a säit dem 1. Juni 2025 schaffen ech och hei am Service Bâtiment. Do këmmeren ech mech haaptsächlech ëm d'Elektresch an d'Maintenance vun de Gebaier. Virdrun hunn ech 7 Joer laang als Energie Elektroniker zu Rolleng geschafft.

Doduerch, dass ech ee Biisser sinn, ass meng Motivatioun hei ze schaffe grouss. Ech kenne mech hei gutt aus a plangen och an Zukunft nees op Biissen zréckzekommen, deementspriechend passt dat alles perfekt zesummen.

A menger Fräizäit beschäftegen ech mech och vill mat Technik an allem, wat allgemeng an d'Richtung vum Handwierk geet. E gudden Deel vu menger fräier Zäit fléisst och an d'Schrauwen um Auto an um Motorrad. Ech sichen ëmmer eppes Neies, fir drun ze schaffen.

Les membres du collège des bourgmestre et échevins — **echevins@bissen.lu**

David VIAGGI	Bourgmestre david.viaggi@bissen.lu | Tél. 83 50 03 - 560
Roger SAURFELD	Echevin roger.saurfeld@bissen.lu | Tél. 83 50 03 - 561
Cindy BARROS DINIS	Echevin cindy.barros@bissen.lu | Tél. 83 50 03 - 562

Les membres du Conseil Communal — **conseil@bissen.lu**

Loïc BRUNE	Conseiller loic.brune@bissen.lu
Kevin ENGLEBERT	Conseiller kevin.englebert@bissen.lu
Joëlle FAGNY	Conseiller joelle.fagny@bissen.lu
Christian HOSCHEID	Conseiller christian.hoscheid@bissen.lu
Béatrice KABERS	Conseiller beatrice.kabers@bissen.lu
Jos KOECHER	Conseiller jos.koecher@bissen.lu
Georges LUCIUS	Conseiller georges.lucius@bissen.lu
Carlo MULBACH	Conseiller carlo.mulbach@bissen.lu
Accueil **Sandra De Sousa Riberinho**	**comune@bissen.lu** sandra.desousa@bissen.lu | Tél. 83 50 03 - 521
Population **Rui Brito**	**population@bissen.lu** rui.brito@bissen.lu | Tél. 83 50 03 - 527
État civil **Jil Kremp**	**etat-civil@bissen.lu** jil.kremp@bissen.lu | Tél. 83 50 03 - 523
Secrétariat **Yves Urwald**	**secretariat.communal@bissen.lu** Secrétaire communal yves.urwald@bissen.lu | Tél. 83 50 03 - 522
Jacques Biver	jacques.biver@bissen.lu | Tél. 83 50 03 - 530
Recette **Camille Schleich**	**recette@bissen.lu** camille.schleich@bissen.lu | Tél. 83 50 03 - 526
Marlène Dos Santos Alves	marlene.alves@bissen.lu | Tél. 83 50 03 - 535
Sabrina Pandin	sabrina.pandin@bissen.lu | Tél. 83 50 03 - 536
Service Relations Publiques **Max Steffen**	**com@bissen.lu** max.steffen@bissen.lu | Tél. 83 50 03 - 528
Lili Martinez	lili.martinez@bissen.lu | Tél. 83 50 03 - 538
Service Informatique **Max Steffen**	**informatique@bissen.lu** max.steffen@bissen.lu | Tél. 83 50 03 - 528
Carlo Sanitate	carlo.sanitate@bissen.lu | Tél. 83 50 03 - 537
Service Technique **Marc Mensen**	**technique@bissen.lu** marc.mensen@bissen.lu | Tél. 83 50 03 - 524
Alexandre Pereira Lopes	alex.lopes@bissen.lu | 83 50 03 - 570
Alain de Lorenzi	alain.delorenzi@bissen.lu | Tél. 83 50 03 - 529
Préposé Forestier **Serge Reinardt**	**serge.reinardt@anf.etat.lu** Tél. 83 50 03 - 532
Agente municipale **Myriam Weiten**	**agent@bissen.lu** myriam.weiten@bissen.lu | Tél. 83 50 03 - 513
Coordinateur sportif **David Turpel**	**sport@bissen.lu** david.turpel@bissen.lu | Tél. 83 50 03 - 534

Structures d'accueil	
Ecole Fondamentale	Tél. 85 50 03 - 366
Ecole Préscolaire	Tél. 83 50 03 - 323
Jugendhaus „A Sténges"	Tél. 83 50 03 - 250
Maison Relais „Un der Atert"	Tél. 83 50 03 - 450
Précoce	Tél. 83 50 03 - 310
Crèche „Margréitchen"	Tél. 83 50 03 - 410
Crèche „Beim Musekshaus"	Tél. 83 50 03 - 420

Gemeng Biissen

Editeur
Administration communale de Bissen
1, rue des Moulins
L-7784 Bissen
www.bissen.lu
commune@bissen.lu
Tél. 83 50 03 - 1

Et hu matgehollef
Ivano ANDRESINI, Josiane KIEFER, Pol SCHUMMER, Max STEFFEN, Lili MARTINEZ, eis Servicer, d'Kommissiounen an d'Veräiner, d'Structures d'Accueillen an d'Gemengesyndicater.

klautjen@bissen.lu

Layout
ID · Communication, Luxembourg

Oplo
1.500 Exemplarer

Drock
De Klautjen ass op recycléiertem Pabeier gedréckt. De Klautjen gëtt gratis un all Stéit an der Gemeng Biissen verdeelt. Net bestallten Textbeiträg ginn net zeréck geschéckt, an nëmmen da publizéiert, wa Plaz ass.
Dir fannt de Klautjen och am Internet:
www.bissen.lu

NaturPakt
Meng Gemeng engagéiert sech
45%

KlimaPakt | EUROPEAN ENERGY AWARD
Meng Gemeng engagéiert sech
45%



Foto: Armand Wantz

Bitte senden Sie Beiträge (Fotos und Berichte) von Ihren Veranstaltungen für die Veröffentlichung im „Klautjen“ bis spätestens 1. November 2025 an:

Veuillez nous envoyer les rapports et photos de vos événements culturels pour la publication dans le « Klautjen » jusqu'au 1er novembre 2025 à :

klautjen@bissen.lu

YouTube

www.bissen.lu